DE

BEEFORTER

Informatiounen
aus der Gemeng Beefort

N°57

/GemengBeefort
/Beeforter

www.beaufort.lu
www.beeforter.lu

Impressum

Editeur: Gemeng Beefort

Redaktioun: Jos. Nerancic
E-mail: jos.nerancic@beaufort.lu
Website: www.beaufort.lu / www.beeforter.lu

Konzept a Layout : GR-ink

Fotoen: : Jos. Nerancic, Ministère de l'Intérieur, Camille Hoffmann, Sandra Fernandes, Dario Ballanti, Amicale Beaufort, Marc Hoffmann, ORT Mëllerdall, Beeforter Pompjeeën, Judoclub Beefort, Beeforter Elterevereenegung, Léierpersonal aus der Schoul, Franz Schneider.

Titelbild: Jos. Nerancic

Mir soe jidderengem Merci, deen un dëser Nummer an iergendwellecher Form matgeschafft huet.

Drock: Imprimerie Centrale, Luxembourg – gedréckt op recycléiertem Pabeier

Redaktiounsschluss fir den nächsten "De Beeforter": 17. Mäerz 2018

Gréisser Manifestatiounen an dësem Joer

D'Joer 2018 ass nach relativ jonk an dobaussen hu mer zanter enger Zäitche gro Wieder. Faarweg Dekoratiounen hunn an der Chrëschtzäit fir eng Ofwiesslung am groen Alldag gesuergt. Alles aneschtes als gro wäert d'Joer 2018 sinn. Gréisser Manifestatiounen kënnege sech un an am Hannergronn gëtt zanter Woche fläisseg dru geschafft, och wann een no baussen (nach) kee Resultat gesäit.

Ee ganz faarwege Programm gëtt et de Weekend vum 31. Mäerz an 1. Abrëll. Genausou ewéi d'lescht Joer gëtt d'Ouverture vun der Saison vun de Beeforter Schlässer mat "MagiCastle Nights" zelebréiert. Eng 3.000 Leit hu sech deemools dee faarwege Spektakel op der Buerg ugekuckt a ware faszinéiert vum Spill vun der Live-Musek mat de Videoprojektiounen.

Vum 8. bis den 10. Juni steet fir déi 24. Kéier de "Rassemblement des Beaufort" um Programm. An der Association internationale des Beaufort sinn am Ganzen 13 Beaufort vertrueden: zéng aus Frankräich an all Kéiers een aus Amerika, Australien a Lëtzebuerg. 2018 ass et un eisem Beaufort aus Lëtzebuerg fir d'Fest ze organiséieren. Eng 250 bis 300 Gäscht ginn erwaart an et ass eng Traditioun, datt si a Familljen ënnerbruecht ginn. D'Organisateure vum leschte Rassemblement an der Savoie hunn et, bis op puer Ausnamen, fäerdegbruecht eng 270 Gäscht an 137 Familljen ënnerzebréngen. Dat gëtt och dës Kéier probéiert. Aus deem Gronn läit an dësem "De Beeforter" ee Formulaire bäi an d'Leit kënne sech elo schonns mellen, déi Gäscht während dësen dräi Deeg ophuele wëllen. Ausflich zu a ronderëm Beefort, Musek, Ënnerhalung sinn ënner anerem virgesinn. Um definitive Programm an Oflaf gëtt nach geschafft a fir d'Aarbecht hannert de Kulissen ze erliichtere wier et wënschenswäert wa sech d'Leit, déi Gäscht wëllen a kënnen ophuelen, sou séier ewéi méiglech géife mellen.

Ee musikaleschen Datum steet schonns fest: Den nationale Sängerdag e Sonndeg, den 13. Mee, dee vun der Ugda an Zesummenaarbecht mat de Beeforter Schlassfrënn, dem Piusverband an INECC organiséiert gëtt.

D'Duerfveräiner plangen hirersäits och eng Rei Manifestatiounen. Déi 33. Editioun vun den internationale Päischtwanderdeeg, déi vun de Beeforter Wanderfrënn op d'Bee gestallt gëtt, ass den 19. an 21. Mee zu a ronderëm Beefort. Wéi all Joer gi rëm wäit iwwer 1.000 Wanderer erwaart. De Judoclub organiséiert Enn Juni déi sechst Editioun vum "International Mullerthal Summer Cup" op der Äispist an et wäerte rëm eng sëllech jonk Judokas aus enger rëtsch Länner aus Europa un dësem Turnéier am spezielle Kader deelhuelen. Am Ufank vun der Summervakanz ass zu Beefort ee Jugendcamp vun de Jugendpompjeeën. Eng 150 Kanner aus der Regioun Osten wäerten dann eng flott Woch verbréngen an d'Aktivitéite beschränke sech nët nëmmen op d'Läsch- a Rettungswiesen. Den éischte Weekend am August komme bei der drëtter Editioun vum "Hard Ball" d'Bikeren op hir Käschten. Während den dräi Deeg stinn dann d'Motorrieder, Musek an alles wat dommadder ze dinn huet am Mëttelpunkt an dem vun de Victory Riders Luxembourg organiséierte Fest. Net ze vergiessen d'traditionellt Schlassfest vun der Amicale Beaufort.

Dat ass nëmmen eng kleng Auswiel wat an den nächste Wochen a Méint hei an der Beeforter Gemeng vun de verschidde Säiten organiséiert gëtt. Musikalesch Iwwerraschunge vun de Schlassfrënn sinn net auszeschléissen. Eis erwaart eng flott Zäit, déi zwar mat vill Aarbecht an Asaz verbonnen ass. Et wäert nach méi schéi gi wann déi Aarbecht och unerkannt gëtt a wann nach den een oder anere eng Hand mat upake géif. An deem Sënn alles Guddes fir 2018 gewënscht.

Jos. Nerancic

GEMEINDE

GEMENGEWAHLEN 2017

E Sonndeg, den 8. Oktober, waren uechter d'Land d'Gemengewahlen an an 102 vu 105 Gemengen ass gewielt ginn. Zu Feelen a Wanseler goufen et genau souvill Kandidaten ewéi Plazen an doweinst ass do nit gewielt ginn. Net gewielt gouf och zu Bech well do souguer eng Kandidatur gefeelt huet fir de komplette Gemengerot. Am Ganze waren 285.319 Wieler, dorënner 34.340 Nët-Lëtzebuerger, opgeruff fir hir Stëmmen ofzeginn. 3.308 Lëtzebuerger an 267 Nët-Lëtzebuerger hu sech dem Vote vum Wieler gestallt a vun den 3.575 Kandidaten waren 2.301 Männer an 1.274 Fraen. 17.206 Wieler hunn hir Stëmm schonns virum 8. Oktober ofginn an dat per Bréifwahl.

De leschten Termin fir sech als Kandidat anzeschreiwe war e Freideg, den 8. Oktober, um 18 Auer an zu Beefort hu sech zéng Kandidate fir néng Plaze gemellt:

Hoffmann Camille (63), lëtz.,
ingénieur technicien e.r., Beefort;
Levy Sandra épouse Drouet (37), lëtz.,
responsable vendeuse, Beefort;
Marson Marie-Ange épouse Ivelj (60), lëtz.,
commerçante, Beefort;
Nosbusch Jean-Luc (47), lëtz.,
employé privé, Beefort;
Pereira Cindy épouse Donneaux (27), lëtz.,
ingénieur en génie civil, Beefort;
Sanguessuga Nene Andreza épouse Meester
(55), lëtz., femme au foyer, Beefort;
Scholtes Lily (64), lëtz.,
fonctionnaire communale e.r., Beefort;
Stirn Jean-Paul (56), lëtz.,
cantonnier, Beefort;
Vazzoler Denis (48), lëtz.,
fonctionnaire communal, Beefort;
Wies Emile (65), lëtz.,
commerçant, Déiljen.

Zu Beefort waren 1.284 Wieler (1.170 Lëtzebuerger a 114 Nët-Lëtzebuerger) ageschriwwen an an den Urnen vun den dräi Wahllokaler waren am Ganzen 1.144 Stëmmziedelen, vun deenen der 1.026 gülteg, 78 wäiss a 40 ongülteg waren. Vun den 78 Ziedele vun der Bréifwahl sinn der 71 zréckgeschéckt ginn.

Em 17.01 Auer sinn dann déi offiziell Resultater vum Ministère publizéiert ginn:
1. Camille Hoffmann, 612 Stëmmen;
2. Emile Wies, 471 Stëmmen;
3. Lily Scholtes, 470 Stëmmen;
4. Cindy Pereira, 465 Stëmmen;
5. Jean-Luc Nosbusch, 440 Stëmmen;
6. Jean-Paul Stirn, 390 Stëmmen;
7. Andreza Sanguessuga Nene, 347 Stëmmen;
8. Marie-Ange Marson, 326 Stëmmen;
9. Sandra Levy, 253 Stëmmen;
10. Denis Vazzoler, 247 Stëmmen.

De Beeforter Gemengerot setzt sech domadder aus fënnef Dammen a véier Hären zesummen. Zwou Stonne méi spéit, um 19 Auer, ass den neie Gemengerot zesummekomm an huet folgend Décisioun getraff: Camille Hoffmann, Buergermeeschter; Lily Scholtes, 1. Schäffen; Emile Wies, 2. Schäffen.

Dënschdeg, de 7. November, ass am Nomëtteg de Schäfferot am Inneministère vum Minister Dan Kersch vereedegt ginn an am fréien Owend de Gemengerot vum neien an ale Buergermeeschter Camille Hoffmann. Aus beruffleche Grënn konnt Sandra Drouet-Levy nit un der Vereedegung deelhuelen an dat gouf virun der éischter Sitzung de 15. November nogeholl.

D'Sëtzuerdnung ass no enger Rei Regele festgeluegt an zwar no der Vorrangliste (éischte Punkt vun der éischter Gemengerotssitzung):

Georges Rischette

Camille Hoffmann

Lily Scholtes

Sandra Drouet-Levy



Emile Wies

Marie-Ange Marson-Ivelj

Andreza Sanguessuga

Jean-Luc Nosbusch

Cindy Pereira

Jean-Paul Stirn

MINISTÈRE DE L'INTÉRIEUR

MINISTÈRE DE L'INTÉRIEUR

MINISTÈRE DE L'INTÉRIEUR

GEMEINDERATSITZUNGEN

Sëtzung vum

17. November 2017

Ordre du jour

Mitteilung des Schöffenkollegiums

1. Genehmigung der Vorrangliste des Gemeinderates
2. Ernennung von Delegierten bei verschiedenen interkomunalen Syndikaten und Organisationen öffentlichen Nutzens
3. Genehmigung verschiedener Einnahmen
4. Beschlussfassung betreffend Auflösung des "Syndicat Mullerthal"
5. Beschlussfassung betreffend Aufnahme von zwei Gemeinden ins interkommunale Syndikat Sidest
6. Genehmigung einer Konvention betreffend Musikschule Echternach
7. Genehmigung um vor Gericht aufzutreten
8. Vereinsstatuten

Verschiedenes

Präsenzen (9/9): Camille Hoffmann

(Buergermeeschter); Lily Scholtes an Emile Wies (Schäffen); Andreza Sanguessuga, Jean-Paul Stirn, Cindy Pereira, Jean-Luc Nosbusch, Marie-Ange Marson a Sandra Levy (Gemengeréit). Georges Rischette (Gemengesekretär).

Virun der Sitzung gouf d'Sandra Drouet-Levy vum Buergermeeschter Camille Hoffmann als Gemengerot vereedegt an esou ass de Beeforter Gemengerot lo offiziell komplett, vereedegt an a Funktioun.

Éier d'Matdeelunge vum Schäfferot verkënnegt goufen huet de Buergermeeschter Camille Hoffmann jidderengem fir den Anzuch an de Gemengerot felicitéiert an eng gutt Zesummenaarbecht gewënscht. Um PAG (plan d'aménagement general) gëtt weider geschafft an et geet een dovunner aus, datt Enn Januar eng Reunioun mam Gemengerot ka stattfannen. Aus dem fréiere Postgebai besteet d'Iddi fir dorausser sozial Wunnengen anzeriichten. Allerdéngs bestinn tëschen der Gemeng an der Post ganz grouss Ënnerscheeder wat de Präis ubelaangt an et gesäit schlecht aus fir op ee gemeinsamen Nenner ze kommen, zemools well gréisser Ëmbauaarbechte musse gemeet ginn an dowéinst gëtt Ofstand vun deem Projet geholl.

Des Weidere besteet ee Projet am Ufanksstadium vun enger Crèche, déi eng Privatpersoun agereecht huet, an och de Projet "Viz an der Schoul" ass dëst Joer weidergefouert ginn.

Sämtlech Punkte goufen eestëmmeg ugeholl.

Punkt 1: Den Tableau de préséance vum neie Gemengerot, deen nom Artikel 11 vum Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 opgestallt gouf, gesäit folgend Reiefolleg vir (a Klammeren den Datum vun der éischter Wiel):

Lily Scholtes (18. Oktober 1987),
Camille Hoffmann (17. Oktober 1993),
Emile Wies (9. Oktober 2005),
Andreza Sanguessuga (9. Oktober 2005),
Jean-Paul Stirn (9. Oktober 2011),
Cindy Pereira (9. Oktober 2011),
Jean-Luc Nosbusch (8. Oktober 2017),
Marie-Ange Marson (8. Oktober 2017),
Sandra Levy (8. Oktober 2017).

Punkt 2: Ofgesi vum Syndicat d'initiative et du tourisme an de Schlassfrënn gouf et all Kéiers eng Kandidatur fir de jeeweilege Posten an hei krut all Kandidat néng Stëmmen. Beim Syndicat d'initiative et du tourisme huet sech de Jean-Paul Stirn mat sechs Stëmmen géint de Jean-Luc Nosbusch (dräi Stëmmen) duerchgesat a bei de Schlassfrënn gouf et dräi Kandidature fir zwou Plazen. Am éischte Wahlgang krut Lily Scholtes siwe Stëmmen an d'Andreza Sanguessuga an de Jean-Luc Nosbusch jeeweils eng Stëmm. Am zweete Wahlgang ass de Jean-Luc Nosbusch mat fënnef géint véier Stëmme fir d'Andreza Sanguessuga gewielt ginn.

D'Wahle ware geheim, och bei de Wahlgäng, wou nëmmen eng Kandidatur virloung. Ernannt goufen:

Syndicat intercommunal "Naturpark Mëllerdall": Camille Hoffmann.

Sydicat intercommunal de dépollution des eaux résiduaires de l'Est (Sidest): Camille Hoffmann.

Sydicat intercommunal pour la collecte, l'évacuation et l'élimination des ordures (Sidec): Emile Wies.

Sydicat intercommunal pour la création, l'aménagement, la promotion et l'exploitation d'unze zone d'activités économiques à caractère regional dans le canton d'Echternach (Siaee): Camille Hoffmann.

Sydicat intercommunal Siaee – délégué suppléant: Jean-Paul Stirn.

Sydicat intercommunal ayant pour Objet la construction, l'entretien et l'exploitation d'un crématoire – candidat délégué: Jean-Paul Stirn.

Sydicat intercommunal de gestion informatique – candidat délégué: Jean-Luc Nosbusch.
Sydicat intercommunal à vocation multiple des villes et communes luxembourgeoises pour la promotion et la sauvegarde d'intérêts généraux et communaux (Syvicol): Lily Scholtes.

"Landakademie": Lily Scholtes.
Office régional du tourisme (ORT): Cindy Pereira.

Groupe d'action locale Leader Regioun Mëllerdall: Camille Hoffmann.

Groupe d'action locale Leader Regioun Mëllerdall – délégué suppléant: Andreza Sanguessuga.

Commission de Surveillance du Sydicat intercommunal Filano: Marie-Ange Marson.

Commission de Surveillance du Syndicat intercommunal Filano – délégué suppléant: Sandra Levy.

Syndicat d'initiative et du tourisme: Jean-Paul Stirn.

Les Amis des Châteaux de Beaufort: Lily Scholtes a Jean-Luc Nosbusch.

Délégué à l'égalité des chances entre femmes et hommes: Marie-Ange Marson.
La sécurité routière: Cindy Pereira.
Nordstadjugend: Sandra Levy.

Punkt 3: Den Total beleeft sech op 1.985.051,01 Euro.

Punkt 4: De "Syndicat Mullerthal" (Syndicat pour la création d'un Parc Naturel dans la région du Mullerthal) huet säin Zweck erfëllt an dowéinst gëtt en opgeléist.

Punkt 5: Dem Bäitrëttswonsch vun de Gemenge Manternach a Fréiseng gouf entsprach.

Punkt 6: Ugeholl. 88 Kanner vu Beefort sinn an de verschidde Coursen zu Iechternach ageschriwwen.

Punkt 7: Hei geet et em verschidde Problemer, déi bei der Erneierung vun der Eppelduerferstrooss opgetratt sinn.

Punkt 8: D'Statute vum "Rullen.Club" goufen zur Kenntnis geholl.

Ënner Verschiddenes goufe folgend Themae behandelt: d'Ausschreiwung vun de berodende Kommissiounen, ee Klimapakt-Team bilden, de Rassemblement des Beaufort, de CIGR Mëllerdall an d'Spillplazen, déi staark renovéierungsbedürfteg sinn.

D'Sitzung gouf um 21.56 Auer opgehuewen an déi nächst Sitzung ass op e Mëttwoch, den 13. Dezember, ëm 19.30 Auer festgeluecht ginn.

Den neie Gemengerot no der éischter Sëtzung

Sëtzung vum

13. Dezember 2017

Ordre du jour

Mitteilung des Schöffenkollegiums

1. Genehmigung verschiedener Einnahmen
2. Genehmigung der rektifizierten Budgetvorlage aus 2017
3. Genehmigung der Budgetvorlage 2018
4. Ratifizierung von Beschlüssen des Sozialamtes
5. Neufestsetzung der Teuerungszulage
6. Bewilligung eines ausserordentlichen Subsides an das Syndicat d'initiative et du tourisme
7. Gewährug von Subsidien an die Lokalvereine

Verschiedenes

Präsenzen (9/9): Camille Hoffmann (Buergermeeschter); Lily Scholtes an Emile Wies (Schäffen); Andreza Sanguessuga, Jean-Paul Stirn, Cindy Pereira, Jean-Luc Nosbusch, Marie-Ange Marson a Sandra Levy (Gemengeréit). Georges Rischette (Gemengesekretär).

Bei Matdeelunge vum Schäfferot goufe véier Theme behandelt: de Stand vun den Aarbechte an der Eppelduerferstrooss, d'Aarbechten vun der neier Kläranlag fänken den 8. Januar 2018 un, d'Lotissement op der Heed an an der Schleef an d'Gebai vum Hotel-Restaurant Ernz Noire, déi vun Famill Brimer iwwerholl ginn ass.

Bis op de Punkt 7 (Subsidien) goufe sämtlech Punkten eestëmmeg ugeholl.

Punkt 1: Den Total beleeft sech op 49.090,12 Euro.

Punkt 2: Am Service ordinaire belafe sech d'Recetten op 8.199.843,75 Euro an d'Dépensen op 6.966.630,93 Euro. Dat mécht ee Boni vun 1.233212,82 Euro. Am Service extraordinaire sti 725.970,00 Euro Recetten a 7.706.288,88 Euro Dépense géigeniwwer an dat mécht ee Mali vu 6.980.318,88 Euro. Beim Verrechne vum Boni aus dem Joer 2016 (4.777.762,54 Euro) kënnt een op ee Boni general vu 6.010.975,36 Euro am Service ordinaire. Duerch de Mali aus dem Service extraordinaire vu 6.980.318,88 Euro an dem Transfert vum Ordinaire an den Extraordinaire kënnt een op ee Mali vun 969.343,52 Euro.

Punkt 3: Zesummefaassung vun den Eckdaten: Am Service ordinaire ginn d'Recette mat 8.590.287,62 Euro an d'Dépense mat 7.191.629,21 Euro gerechent, wat ee Boni vun 1.398.658,41 Euro mécht. Am Service extraordinaire sti 7.387.876,00 Euro op der Säit vun de Recetten a 7.805.885,23 Euro op der Säit vun den Dépensen an dat mécht ee Mali vu 418.009,23 Euro. Dobäi kënnt nach de Mali aus dem Joer 2017 an zwar 969.343,52 a sou beleeft sech de Mali general op 1.387.352,75 Euro. Duerch de Transfert vum Ordinaire an den Extraordinaire bleift zum Schluss ee Boni vu 11.305,66 Euro ënnert dem Stréch.

Punkt 4: De Budget rectifié vum Exercice 2017: Am Service ordinaire ginn et Recetten an Dépensen an Héicht vu 86.750 Euro. Am Service extraordinaire beleeft sech den Total vun de Recetten op 5.795,35 Euro an dee vun den Dépensen op 3.748,46 Euro, wat ee Boni vun 2.046,89 Euro mécht.

De Budget vun 2018 gesäit am Service ordinaire Recetten an Dépense vu jeeweils 151.100 Euro vir. Am Service extraordinaire stinn 2.150 Euro Recetten op der enger Säit an 2.000 Euro Dépensen op der anerer Säit an dat mécht ee Boni vum Exercice vu 150 Euro. Mam Boni vun 2017 verrechent (2.046,89 Euro) ergëtt sech ee Boni general vun 2.196,89 Euro.

D'Participatioun vun der Beeforter Gemeng beleeft sech op 59.206,96 Euro am Budget rectifié 2017 an 89.717,63 Euro am Budget 2018.

Punkt 5: Eestëmmeg ugeholl.

Punkt 6: Hei beleeft sech de Montant op 250.000 Euro.

Punkt 7: Bei de Subside fir d'Joer 2017 gouf et verschidden Ännerungen vis-à-vis vun 2016. Dräi Veräiner hunn déi néideg Ënnerlage fir ee Subsid ze kréien nit vollstänneg eragereecht. Den Délai war de 17. November 2017 an nodeems d'Frist bis de 4. Dezember verlängert gouf hu si nach ëmmer näischt eraginn. D'Propose fir deenen dräi Veräiner schréftlech eng lescht Chance bis de 15. Januar 2018 anzeraume gouf verworf well sech dee Szenario all Joers widderhëlt a keng Besserung ze erkennen ass. Hu mat "Nee" ofgestëmmt: Jean-Luc Nosbusch, Cindy Pereira, Emile Wies, Lily Scholtes, Sandra Levy a Marie-Ange Marson; mat "Jo": Jean-Paul Stirn a Camille Hoffmann; "Enthalung": Andreza Sanguessuga. Déi betraffe Veräiner sinn (a Klameren de Montant,

déi se kritt hätten): Club des Jeunes (1.000 Euro), Fuesclub (1.000 Euro) an de Sport- a Turnveräin (2.000 Euro). Eestëmmeg goufen uschléissend déi verschidde Beiträg gestëmmt: Pompjeeën 1.250 Euro; Jugendpompjeeën 1.500 Euro; Musek (en Suspens); Chorale Ste-Cécile 1.250 Euro; Club des Jeunes 0 Euro; Beeforter Senioren 1.000 Euro; Elterevereenegung 1.500 Euro; Theaterfrënn 750 Euro; Fuesclub 0 Euro; Groupe sportif, récréatif et culturel de Fiolhoso et Beaufort 750 Euro; Amis des Châteaux 7.500 Euro; Judo-Club 7.000 Euro; Äishockey 4.000 Euro; Club Hippique 1.000 Euro; Wanderfrënn 750 Euro; Keleclub 1.000 Euro; Turn- a Sportveräin 0 Euro; Amicale 750 Euro; Syndicat d'initiative et du tourisme 7.500 Euro; PaprikArt 750 Euro (nei); Victory Riders 750 Euro (nei); Scouten 750 Euro (nei).

Ënner Verschiddenes goufe folgend Theme ugeschwat: den Trottoir beim Busarrêt beim Hotel Meyer; Fëmmen um Terrain multisports; d'Opfangbecken an der Härewiss, Éierung vun de Matbierger mat engem ronne Gebuertsdag, Signalisatiounsschëlder a verstoppte Kanäl.

D'Sëtzung gouf um 22.09 Auer opgehuewen.

BEAUFORT EN CHIFFRES

POPULATION

	Femmes	Hommes	Total	Pourcentage	Ménages	Pourcentage
Beaufort	1217	1270	2487	88.79%	876	85.55%
Dillingen	113	131	244	8.71%	113	11.04%
Grundhof	26	44	70	2.50%	35	3.42%
Total	**1356**	**1445**	**2801**	100.00%	**1024**	100.00%

TRANCHE D'ÂGE

	féminin	masculin	Total	Pourcentage
00-05	70	91	161	5.75%
05-10	96	86	182	6.50%
10-15	101	99	200	7.14%
15-20	82	107	189	6.75%
20-25	77	78	155	5.53%
25-30	94	100	194	6.93%
30-35	88	90	178	6.35%
35-40	111	112	223	7.96%
40-45	118	125	243	8.68%
45-50	114	122	236	8.43%
50-55	101	123	224	8.00%
55-60	76	106	182	6.50%
60-65	75	78	153	5.46%
65-70	43	39	82	2.93%
70-75	39	37	76	2.71%
75-80	29	22	51	1.82%
80-85	22	14	36	1.29%
85-90	13	12	25	0.89%
90-95	7	4	11	0.39%
Total	**1356**	**1445**	**2801**	100.00%

NATIONALITÉ

	Beaufort	Dillingen	Grundhof	Total	Pourcentage
afghane	11			11	0.39%
albanaise	3			3	0.11%
allemande	73	12	6	91	3.25%
américaine	6	1		7	0.25%
angolaise	1			1	0.04%
autrichienne	1	1		2	0.07%
azerbaïdjanaise	6			6	0.21%
bélarussienne	1			1	0.04%
belge	44	4	1	49	1.75%
béninoise	1			1	0.04%
bosnienne	6			6	0.21%
brésilienne	1			1	0.04%
britannique	11			11	0.39%
bulgare	1	5		6	0.21%
camerounaise		1		1	0.04%
cap-verdienne	2	1		3	0.11%
centrafricaine	1			1	0.04%
chinoise	3			3	0.11%
colombienne		1		1	0.04%
croate	2			2	0.07%
espagnole	8		1	9	0.32%
finlandaise	3			3	0.11%
française	60	5	8	73	2.61%
gambienne			1	1	0.04%
grecque	7			7	0.25%
guinée-bissau	6	1		7	0.25%
hongroise	2			2	0.07%
indienne	3			3	0.11%
irakienne	10			10	0.36%
irlandaise		1		1	0.04%
islandaise	1			1	0.04%
italienne	32	1	3	36	1.29%
kosovare	7	1		8	0.29%
lettonne	1			1	0.04%
libanaise	1			1	0.04%
luxembourgeoise	1335	130	31	1496	53.41%

nationalité	Beaufort	Dillingen	Grundhof	Total	Pourcentage
macédonienne	5			5	0.18%
malaysienne	1			1	0.04%
maltaise	2			2	0.07%
marocaine	2			2	0.07%
néerlendaise	37	4		41	1.46%
nigérianne		1		1	0.04%
philippine	1			1	0.04%
polonaise	21	2		23	0.82%
portugaise	689	70	16	775	27.67%
roumaine	6	1		7	0.25%
russe	1			1	0.04%
serbe	10			10	0.36%
slovaque	1		1	2	0.07%
suédoise	3			3	0.11%
syrienne	40		1	41	1.46%
tchèque	2			2	0.07%
thaïlandaise	1			1	0.04%
togolaise	2			2	0.07%
tunisienne	8	1	1	10	0.36%
ukrainienne	2			2	0.07%
yougoslave	3			3	0.11%
Total	**2487**	**244**	**70**	**2801**	100.00%

Un conflit
de voisinage?
**Pensez
à la médiation!**

*Nachbarschafts-
streit?*
***Denken Sie
an Mediation!***

Um conflito
entre vizinhos?
**A mediação pode ser a
solução!**



Contactez-nous au | Rufen Sie uns an | Contacte-nos pelo n° de telefone

26 72 00 35

- ou E-mail : mediation@mecasbl.lu
- *oder E-Mail: mediation@mecasbl.lu*
- *mediation@mecasbl.lu*

IMPRESSUM: Textes: MEC asbl – Illustrations: Roger Leiner
Mise en page: Ka Communications

SERVICE RÉGIONAL CONVENTIONNÉ ET ACTIF DANS LES COMMUNES :
du Mullerthal : Beaufort, Bech, Berdorf, Consdorf, Echternach, Fischbach, Heffingen, Larochette, Mompach, Rosport et Waldbillig.
de la Moselle: Betzdorf, Lenningen, Mondorf-les-Bains, Mertert, Remich, Stadtbredimus, Waldbredimus.

mec asbl | mouvement pour l'égalité des chances
... pour tous!

Mouvement pour l'Egalité des Chances a.s.b.l.
9, rue André Duchscher
L-6434 Echternach
Telefon 26 72 00 35
GSM: 621 66 92 12
aurelia.pattou@mecasbl.lu
www.mecasbl.lu

ÉTAT CIVIL

NAISSANCES

08/01/2017	Gaspar da Fonte Rafael
22/01/2017	O'Sullivan-Stegars Tomi
31/01/2017	Teixeira Breda Lucca
23/02/2017	Wurtz Sawyer
27/03/2017	Adrovic Tajra
11/04/2017	Fozeu Dionna
05/05/2017	Al Satouf Mohamad
12/05/2017	Nehrenhausen Zoe
29/05/2017	Gonçalves Simon John
02/06/2017	Fernandes Rodrigues Kyara
06/07/2017	Ferreira Andrade Carina
24/07/2017	Reiff Sophie
05/08/2017	Morais Ferreira Leonor Sofia
14/08/2017	Pereira Teixeira Kelly
19/08/2017	Clara Matteo
01/09/2017	Gonçalves da Araújo Débora
05/09/2017	Sousa Dinis Luena
11/09/2017	Yakou Yosef
27/09/2017	Wampach Noah
28/09/2017	Zaccaria Sam
29/09/2017	Dillenbourg Jenna
29/09/2017	Fernandes Sousa Rodrigo
03/10/2017	Correia Rüsing Lou
24/10/2017	Weiler Gaspar Liah
29/10/2017	Bourckel Maximilian
05/12/2017	Temperato Simona
09/12/2017	Bintz Abigail

DÉCÈS

29/01/2017	Thelen Marguerite (90)
06/02/2017	Limpers Anjonette (57)
11/02/2017	Bartz Serge (56)
17/03/2017	Faber Conrad (83)
28/05/2017	Marques Martins Ana (43)
21/06/2017	Wengler Thierry (60)
19/07/2017	Timmer Edze (79)
26/07/2017	Da Conceiçâo Henrique Merces Maria Do Rosario (59)
07/09/2017	Zeidler Heinz (77)
08/10/2017	Dieschbourg Jean-Lucien (70)
18/10/2017	Polfer Marie (97)
10/11/2017	Useldinger Paule (78)
07/12/2017	Daubenfeld Mariette (86)
09/12/2017	Muller Margy (84)

PARTENARIAT

14/07/2017	Fernandes Georges Marco	Barthel Lynn
17/08/2017	Kuijpers David Albert Jacques	Wagner Julie
20/09/2017	Cassi Vincenzo Attilio	Camerlynck Saida Noémie
20/10/2017	Bintz Georges	Kimmel Vanessa

MARIAGES

12/01/2017	Mella Nathalie	Ridosh Debora Anne
05/05/2017	Thuillier Boris Jacques Mathias	Merkes Jessica
27/05/2017	Niggel Nico Guy	Dronrijp Niesje Maria Georgetina
01/07/2017	Baptista Ferreira Breda José Manuel	Teixeira Maria De Fátima
28/07/2017	Kiefer Jörg Ludwig	Wellert Martina
04/08/2017	Freitas Vinagre Victor Manuel	Vangelista Romaine Angela
07/10/2017	Foz Da Silva Tiago	Haaker Natascha Michelle
20/10/2017	Diederich Claude Marcel	Thull Sandra
20/12/2017	Barciela da Guia Emanuel	Krecké Carmen

REPORTAGE

TËSCHEBILAN VUM NATURPARK MËLLERDALL

Am Theis-Haus, dem Sëtz vum Naturpark Mëllerdall, gouf een éischten Tëschebilan vum Naturpark Mëllerdall gezunn a gläichzäiteg d'Kandidatur fir den Unesco-Geopark-Label virgestallt. Déi Kandidatur ass dunn de 24. November agereecht ginn. Den offizielle Pressecommuniqué vum 18. September:

18 Monate "Naturpark Mëllerdall": eine erste Zwischenbilanz

Die Ministerin für Umwelt, Carole Dieschbourg, der Staatssekretär für Kultur, Guy Arendt, und der Präsident des "Naturpark Mëllerdall", Camille Hoffmann, luden zu einer Pressekonferenz ein, um eine erste Zwischenbilanz seit der Gründung des Naturparks zu ziehen und die Kandidatur des Naturpark Mëllerdall als Unesco-Geopark anzukündigen. Mit anwesend am Tisch war auch Simone Beck, die Präsidentin der nationalen Kommission für die Zusammenarbeit mit der Unesco.

Mit dem großherzoglichen Reglement vom 17. März 2016 wurde der "Naturpark Mëllerdall" offiziell gegründet. Gefeiert wurde dieses Ereignis im Beisein von Großherzog Henri und zahlreichen Ehrengästen am 10. Juni 2016 vor eindrucksvoller Kulisse, im mitten im Wald gelegenen Amphitheater in Berdorf.

Gemäß der luxemburgischen Gesetzgebung sind Naturparke ein Instrument der Landesplanung und unterstützen die nachhaltige Regionalentwicklung im ländlichen Raum. Der Aufbau des „Naturpark Mëllerdall" war ein partizipativer Prozess: In zahlreichen Versammlungen konnten alle Interessierten ihre Ideen einbringen. Darüber hinaus fand ein Aufruf für Projektideen statt: 101 Ideen wurden von unterschiedlichsten Akteuren eingereicht. Nach den ersten 18 Monaten seit der Gründung des Naturparks kann eine positive Zwischenbilanz gezogen werden: Mehr als die Hälfte der eingereichten Projektideen wurde

vom Naturpark und seinen Partnern in Angriff genommen bzw. durchgeführt. Wesentliche Triebkraft für die guten Resultate ist die enge Zusammenarbeit mit allen Partnern: Vereinigungen, Landwirte, Privatleute, Verwaltungen und die Naturparkgemeinden. Seit dem 24. Juli unterstützt zudem eine beratende Kommission aus Vertretern verschiedener Interessensgruppen den Naturpark bei der Ausarbeitung neuer Projekte.

Konkrete Projekte in der Region und für die Region

Projektbeispiele sind ein Gemeinschaftsgarten, ein Bienenlehrpfad, ein Pilotprojekt zur Extensivierung kommunaler Grünflächen sowie das Pflanzen von mehr als 1000 Obstbäumen in einem Projekt zum Erhalt unserer Bongerten.

2016 wurden zwei große EU-Projekte in Brüssel bewilligt – ein "Interreg V-A" sowie ein integriertes "Life"-Projekt. Beide Projekte werden stark vom Nachhaltigkeitsministerium unterstützt. Im ersten geht es während vier Jahren um den Erhalt der Trockenmauern in der Großregion sowie das Wiederbeleben dieses alten Handwerks. Im zweiten Projekt, das den Titel "Zenapa" (zero emission nature protection areas) trägt und acht Jahre dauern wird, steht der Klimaschutz im Vordergrund: Geplant sind unter anderem die Gründung einer regionalen Energiekooperative und die verbesserte Nutzung von Landschaftspflegeholz in kommunalen Heizungen.

Gemeinsam mit dem Nachhaltigkeitsministerium wurde außerdem an der Erstellung von Kriterien für regionale Produkte gearbeitet. Um die Vernetzung der Produzenten zu verbessern, wurde eigens zu diesem Zweck ein Produzenten-Berater eingestellt. Schließlich fand, zusammen mit den zuständigen Stellen im Nachhaltigkeitsministerium, eine gemeinsame Standortsuche für Gewerbegebiete in der Region statt. Die Umklassierung dieser Flächen obliegt den Gemeinden, die konkrete Umsetzung übernimmt der kommunale Zweckverband "Siaee" (Syndicat intercommunal pour la création, l'aménagement, la promotion et l'exploitation d'une zone d'activités économiques à caractère régional dans le canton d'Echternach).

Kandidatur für das Unesco-Geopark Label im Herbst

Auch der Blick nach vorne lohnt sich. Ein weiteres Großprojekt, das ansteht, ist die Kandidatur des Naturpark Mëllerdall für das Label "Unesco Global Geopark", welche im Herbst dieses Jahres nach umfangreichen Vorarbeiten eingereicht wird. Die Entscheidung erfolgt nach einem intensiven Begutachtungsprozess im September 2018. Das Label greift die Ziele des Naturparks auf und legt einen Schwerpunkt auf die Geologie – ein zentrales Element des Naturpark Mëllerdall mit seinen imposanten Felslandschaften.

Falls der Region dieses Label verliehen wird, erhält der "Naturpark Mëllerdall" dadurch einen international anerkannten Status für sein sehr wertvolles Natur- und Kulturerbe und unterstützt damit auch die touristische Entwicklung der Region.

DER KLIMAPAKT FÜR GEMEINDEN

Die Treibhausgasemissionen bis 2020 um ein Fünftel im Vergleich zu 2005 zu senken, den Gesamtanteil der Energie bis 2020 zu elf Prozent aus erneuerbaren Energien zu beziehen – das sind die Zielmarken der luxemburgischen Regierung in Sachen Klimaschutz. Die Gemeinden sind dabei unverzichtbare Partner und lokale oder regionale Energie- und Klimaschutzkonzepte wichtige Bausteine für die landesweite Umsetzung der erforderlichen Maßnahmen.

Der Klimapakt ist ein neues Instrument zur Förderung dieser Bestrebungen vor Ort. Das Gesetz vom 13. September 2012 bestimmt die Schaffung eines Klimapaktes zwischen dem Staat und den Gemeinden. Der Klimapakt ermöglicht eine staatliche Förderung des klimapolitischen Bestrebens der Gemeinden, den Energieverbrauch und die Treibhausgasemissionen innerhalb des Gemeindeterritoriums zu reduzieren und gleichzeitig Investitionen, Wirtschaftsaktivitäten und den Arbeitsmarkt zu stimulieren.

Der Klimapakt wurde vom Ministerium für Nachhaltige Entwicklung und Infrastrukturen ins Leben gerufen. Den Gemeinden, die sich beteiligen möchten, steht es frei, den Klimapakt einzeln oder gemeinsam, in interkommunaler Zusammenarbeit, zu beschreiten. Der Pakt wird durch eine Konvention zwischen dem Staat und einer jeden beteiligten Gemeinde besiegelt. Die Kommunen erklären sich dadurch bereit den Erhalt des „European Energy Award“ (EEA) anzustreben und innerhalb von zwei Jahren ein sinnvolles energetisches Bilanzierungssystem auf Gemeindeebene zu handhaben. Der Staat garantiert seinerseits die finanzielle und technische Unterstützung im Umsetzungsprozess.

Die Gemeinde Befort hat am 30. September 2015 den Klimapakt-Vertrag vom 9. Dezember 2013 zwischen dem Luxemburger Staat, der Interessengemeinschaft MyEnergy und der Gemeinde Befort unterschrieben.

Das Klimateam

Motor bei der Umsetzung des EEA-Programmes in der Gemeinde ist das sogenannte Klimateam. Dieses setzt sich neben einem, für die Koordination zuständigen, qualifizierten Klimaberater, nach Wunsch der Gemeinde ebenfalls aus politischen und administrativen Kommunalvertretern, Akteuren der Privatwirtschaft, Bürgern und Sachexperten zusammen. Die Aufgabe des Klimateams (siehe Abbildung) liegt beginnend in der systematischen Ist-Analyse und Bewertung der bisherigen Erfolge der Gemeinde in den Bereichen Energieeffizienz und erneuerbare Energien.

Hierauf folgt das Erstellen eines kurz-, mittel- und langfristigen energiepolitischen Arbeitsprogrammes, welches die Umsetzung von konkreten Maßnahmen für künftige Verbesserungen vorsieht.

Die Kommune verwirklicht die Arbeitsprogramme und begleitet diesen Prozess durch jährliche Erfolgskontrollen, bei denen die erzielten Fortschritte festgestellt werden.

Lokale Klimastrategie

Grundlage zur Erstellung und Verwirklichung der energiepolitischen Arbeitsprogramme ist einerseits ein 79 Punkte führender Maßnahmenkatalog mit konkreten Handlungsansätzen in den Bereichen Entwicklungsplanung und Raumordnung, kommunale Gebäude und Anlagen, Versorgung und Entsorgung, Mobilität, interne Organisation sowie Kommunikation und Kooperation. Anhand dieses Kataloges werden die bisher geleisteten Arbeiten der teilnehmenden Gemeinden bewertet.

Für die künftige klimapolitische Ausrichtung der Gemeinde soll mittels eines Klimaleitbilds die Positionierung einer Gemeinde zu den Themenbereichen Energiepolitik und Klimaschutz beschreiben. Darin werden Ziele, Maßnahmen und Projekte formuliert, durch die eine nachhaltige Energiewirtschaft an-



Grundlage des Klimaschutzes der Gemeinde Beaufort ist das Leitbild Klimaschutz, das sich gerade in der Ausarbeitung befindet.

gestrebt wird. Abgestimmt auf die Potenziale und die erwartete demographische Entwicklung wurden Zielstellungen entwickelt, wobei „Nachhaltigkeit" das wichtigste Kriterium allen Handelns darstellt.

Das Leitbild soll im Wirkungsbereich der Gemeinde eine verpflichtende Umsetzung erreichen. Darüber hinaus soll es eine Vorbildfunktion ausüben, die von den Bürgerinnen und Bürgern sowie der kommunalen Wirtschaft positiv aufgenommen und mitgetragen wird.

In einem Soll-Ist-Vergleich sind die einzelnen Handlungsfelder, die mit dem EEA-Maßnahmenkatalog korrespondieren, im Bezug auf die Zielsetzung und Zielerreichung periodisch zu überprüfen (quantitativ und qualitativ), um eine Kontrolle des eigenen Handelns bezüglich der Zielerreichung zu dokumentieren und bei Bedarf nachzusteuern.

Die Gemeinde Befort ist gerade dabei, eine erste Bestandsaufnahme durchzuführen. Eine Bewertung der Ergebnisse der darin dokumentierten klimarelevanten Arbeiten der Gemeinde wird in einem für 2017/2018 geplanten Audit erfolgen.

Arbeitsprogramm

Die im Leitbild (das periodisch überprüft und gegebenenfalls adaptiert werden soll) definierten qualitativen und quantitativen Einzelziele sind strategischer Art. Während dort Handlungsschwerpunkte beschrieben werden, die sich die Gemeinde setzt, werden im Aktivitätenprogramm konkrete Leitprojekte definiert, deren Umsetzung entweder bereits läuft oder die zu einem klar definierten späteren Zeitpunkt starten sollen.

Die Erarbeitung von Aktivitäten und Projekten des Klimaschutzkonzepts der Gemeinde wird vom Klimateam vorbereitet. Neben der gezielten Einbindung zentraler Schlüsselakteure und Multiplikatoren werden nach und nach alle interessierten Bürgerinnen und Bürger die Möglichkeit erhalten, sich aktiv einzubringen.

Ein erstes Aktivitäten- bzw. Arbeitsprogramm für die Gemeinde Befort wurde vom Klimateam erstellt (1. Halbjahr 2016), wobei sich der Fokus zu Beginn der Klimapaktarbeiten auf eine profunde Bestandsaufnahme und –analyse richtete. Bei diesen Datenrecherchen wurden bereits erste Sofortmaßnahmen in öffentlichen Gebäuden in die Wege geleitet, um offensichtliche Missstände schnellstmöglich beseitigen zu können (Ersetzen defekter Leuchtmittel durch LED-Sparlampen, Installierung von zusätzlichen Stromzählern, nutzeroptimierte Programmierung der Heizanlagen etc.). Auch wurden erste konkrete Aktionen ins Auge gefasst (Schaffung von Fahrradstellplätzen an wichtigen öffentlichen Gebäuden/Bushaltestellen, Aufbau eines kommunalen Radwegenetzes zusammen mit den Bürgerinnen und Bürgern etc.)

Weitere Ideen und Ansätze sind vorhanden, sie werden nach der ersten jährlichen Validierung des Aktivitätenplans (1. Halbjahr 2017) auf eine konkrete Umsetzung geprüft. Dabei werden die Bevölkerung bzw. bestimmte lokale Gruppen aktiv eingebunden, was zum Teil durch erste Gespräche mit den lokalen Vereinen sowie dem Lehrpersonal der Primärschule geschehen soll.

Energiebuchhaltung

Ein weiterer wichtiger Baustein des Klimapakts ist die Einführung einer kommunalen Energiebuchhaltung durch die Gemeinde selbst, deren Ergebnisse in das Arbeitsprogramm als auch die lokale Klimastrategie einfließen.

Eine Energiebuchhaltung bietet den Kommunen ein nützliches Werkzeug für das Monitoring und die Bewertung der energetischen Qualität von Gebäuden und energietechnischen Anlagen. Denn mit der Energiebuchhaltung für die öffentlichen Gebäude werden Strom-, Wärme- und Wasserverbräuche erfasst, die sich somit darstellen und analysieren lassen. Es können Aussagen zur Verbesserung der Energieeffizienz und zum Einsatz von erneuerbaren Energien der jeweiligen Gebäude gemacht werden.

Somit liefert die kommunale Energiebuchhaltung wichtige Daten für Auswahl und Planung von Verbesserungsmaßnahmen und ist damit eine Basis für Kosten- und Energieeinsparungen.

infopoint
myenergy

infotip myenergy

Nutzen Sie den digitalen Wegweiser zu energieeffizienten Gebäuden

- Mit der myAAA-App können Sie das Energiesparen in einem AAA-Haus virtuell austesten und erhalten über ein interaktives Lernspiel konkrete Einblicke in die Vorteile.
- Über die mobile myenergy-App erfahren Sie etwa, welche Form und Ausrichtung Ihr Gebäude haben sollte, welche Heizung- oder Lüftungsanlage für Ihr Zuhause geeignet ist oder was Sie bei der Installation einer Photovoltaikanlage beachten müssen.
- Das innovative Tool hilft Ihnen dabei, den Betrieb Ihres Gebäudes zu optimieren, indem Sie lernen, ein Maximum an Energie zu sparen und zugleich Ihren Wohnkomfort zu erhöhen.

Tipp: myAAA können Sie kostenlos über die Plattformen Apple App Store (iOS) sowie Google PlayStore (Android) herunterladen. Ein praktisches Lexikon ermöglicht das Nachschlagen der diversen wichtigen Bestandteile eines Gebäudes das dem Energiestandard-AAA entspricht.

Hotline
8002 11 90

myenergy.lu

Co-funded by the European Union

infopoint
myenergy

infotip myenergy

Utilisez le guide numérique pour les bâtiments à haute efficacité énergétique

- Avec l'application myAAA, un jeu d'apprentissage interactif, il vous est possible de tester l'efficacité énergétique d'une maison AAA virtuelle et ainsi d'obtenir un aperçu concret de ses avantages.
- L'application mobile vous informe sur la forme idéale et l'orientation que doit avoir votre bâtiment, sur les types de chauffage et de ventilation adaptés ou encore ce sur quoi il faut faire attention lors de l'installation d'un équipement photovoltaïque.
- Cet outil innovant vous aide à optimiser le fonctionnement énergétique de votre bâtiment en vous apprenant à économiser un maximum d'énergie tout en augmentant votre confort.

Conseil : l'application myAAA est téléchargeable sur Apple App Store (iOS) et Google PlayStore (Android). Les divers composants d'un bâtiment correspondant au standard énergétique AAA sont repris dans un lexique pratique et aisément consultable.

Hotline
8002 11 90

myenergy.lu

Co-funded by the European Union

Die Gemeinde Befort hat im Herbst 2016 mit einer ersten Phase der Energiebuchhaltung für kommunale Liegenschaften begonnen. Dabei wurden diejenigen Gebäude untersucht, die der Gemeinde eigentumsrechtlich gehören, nach großherzoglichem Reglement ein „Funktionsgebäude“ darstellen, eine gewisse Mindestgröße (mehr als 50 Quadratmeter Energiebezugsfläche) haben und von der Gemeinde bzw. der Öffentlichkeit genutzt werden.

In einem ersten Schritt werden – sofern vorhanden und verfügbar - die Verbräuche für Strom, Wasser und Wärme der betroffenen Gebäude der letzten drei Jahre vom technischen Dienst eruiert und in der Energiebuchhaltungssoftware „Enercoach“ dokumentiert und analysiert.

Nutzen des Klimapakts für die Gemeinde

Gemeinden verfügen über viele Möglichkeiten den Verbrauch von Strom und Wärme in ihren Gebäuden zu beeinflussen um dadurch Energie möglichst rationell einzusetzen. Energieeffiziente Geräte führen bereits zu starken Energie- und Kosteneinsparungen. Ein ebenfalls nicht zu unterschätzender Faktor beim Energieverbrauch ist der Umgang mit der Energie: Nutzerverhalten kann den Verbrauch um bis zu 20 bis 30 Prozent beeinflussen.

Die öffentlichen Verwaltungen sind der größte Arbeitgeber in Luxemburg und sind daher von großer Bedeutung in Sachen Energiesparen. Sie spielen eine wichtige Vorbildfunktion und können zur Sensibilisierung der ganzen Bevölkerung beitragen.

Durch den Klimapakt, erhalten der Energieverbrauch und der Klimaschutz eine sehr zentrale Stellung in der Gemeindepolitik. Alle Entschlüsse ob in der Landes- oder Verkehrsplanung, in der Beschaffungs- oder Versorgungspolitik, werden mit nachhaltigen Kriterien abgewogen. Folgende Vorteile wird der Klimapakt den Gemeinden bringen:

* Sparpotenzial

Durch eine nachhaltige und energieeffiziente Politik spart die Gemeinde viel Energie und somit viel Geld. Beispiel: Der Anteil der Straßenbeleuchtung beträgt in vielen Gemeinden ungefähr etwa ein Drittel des kommunalen Stromverbrauchs. Durch den Austausch alter Lampen in Wohnstraßen durch LED-Leuchten kann der Stromverbrauch für Beleuchtung bis zu 80 Prozent reduziert werden.

* Lokale Wertschöpfung

Durch den Ausbau erneuerbarer Energien (Holzhackschnitzelanlagen, Pellets, Biogas, Windkraft, Photovoltaik, Wasserkraft) reduziert die Gemeinde ihre Abhängigkeit von den konventionellen Energieversorgern im Ausland (Heizöl, Erdöl, importierter Strom). Die Ausgaben für Energie bleiben zu einem großen Teil in der Region und fließen nicht in die Ölstaaten ab.

Beim Einsatz von Öl oder Gas verbleiben 15 Prozent der Energiekosten in Luxemburg, während 75 Prozent in die Ölstaaten abfließen. Mit der Nutzung erneuerbarer Energien vor Ort verbleiben bis zu 60 Prozent der Energieausgaben in der Region (Solarcomplex, 2012).

* Lokale Beschäftigung

Sanierungen von Häusern und Gebäuden, Installation, Wartung und Betrieb erneuerbarer Energie-Anlagen bedeuten häufig Aufträge für lokale Betriebe wie z.B. Handwerker. Bereits in einem kleinen Ort mit 150 Haushalten fließen bei einem durchschnittlichen Heizölverbrauch von 3.000 Litern pro Haushalt und Jahr und einem Heizölpreis von 0,77 Euro pro Liter jährlich fast 350.000 Euro allein für Heizzwecke ab. Bei einer dezentralen Bereitstellung der Energieträger (durch erneuerbare Energien wie z.B. Pellets) könnten damit bereits einige Familien ihren Lebensunterhalt verdienen.

* Erhalt unserer Umwelt

Das Ziel einer nachhaltigen Entwicklung ist es, endliche Ressourcen zu erhalten, die Grundbedürfnisse aller Menschen zu befriedigen und zukünftigen Generationen eine lebenswerte Umwelt zu hinterlassen.

Subsidien für Private zum Energiesparen

Im Großherzogtum Luxemburg stehen Privatpersonen, die einen aktiven Beitrag zum

Energiesparen in ihrem Haushalt leisten wollen, verschiedenste Förder- und Anreizmöglichkeiten zur Verfügung.

* MyEnergy (staatliche Beihilfen)

MyEnergy ist die nationale Struktur zur Förderung einer nachhaltigen Energiewende. Ihre Aufgabe besteht darin, die luxemburgische Gesellschaft als Partner und Vermittler bei einer nachhaltigen und effizienten Energienutzung zu unterstützen und zu begleiten. MyEnergy wird vom Luxemburger Staat, vertreten durch das Wirtschaftsministerium, das Ministerium für nachhaltige Entwicklung und Infrastrukturen, sowie das Wohnungsbauministerium unterstützt.

Die Aktivitäten von MyEnergy zielen auf die Reduzierung des Energieverbrauchs, die Förderung der erneuerbaren Energien, sowie auf das nachhaltige Bauen und Wohnen ab. MyEnergy versteht sich dabei als Partner aller Energieverbraucher, um sie bei ihren Anstrengungen hin zu einer nachhaltigen Energiewende zu begleiten und damit zugleich einen Beitrag zur Entwicklung der nationalen Wirtschaft zu leisten.

Für Privatpersonen bietet MyEnergy einerseits eine kostenlose Beratung zu Energiefragen (zum Energieparen, bei Baumaßnahmen etc.) über eine Telefonhotline oder während eines persönlichen Gesprächs im regionalen MyEnergy-Infopoint oder beim Kunden zuhause an. Die Beratung ist kostenlos und wird von MyEnergy und Ihrer Gemeinde finanziert.

http://www.myenergy.lu/de/auskuenfte/infopoint

Weiterhin gibt MyEnergy Tipps und Hilfestellungen für den Bereich Wohnungsbau, u.a. hinsichtlich staatlicher Subsidien/Beihilfen in den Bereichen Neubau und Sanierung von Wohngebäuden

http://www.myenergy.lu/de/privatpersonen/bestehender-wohnraum-renovierung

http://www.myenergy.lu/de/privatpersonen/gesetze-und-vorschriften/finanzierungshilfe

* Enoprimes (seitens Enovos)

Basierend auf europäischen Vorgaben, deren Ziel es ist die Energieeffzienz in Europa bis 2020 zu verbessern, hat Enovos das Konzept „Enoprimes“ ins Leben gerufen. Es handelt sich hierbei um ein Subventionsprogramm, das Privatpersonen, Unternehmen und Vereinigungen bei der Realisierung von Renovierungsarbeiten und anderen Maßnahmen, die das Ziel der Energieeffzienzoptimierung verfolgen, unterstützt

http://www.enoprimes.lu

http://brochure.enovos.lu/brochures/ecs/enoprimes/de/

http://www.enoprimes.lu/travaux-eligibles

* Kommunale Beihilfen

Die Gemeinde Befort setzt sich für eine nachhaltige und verantwortungsvolle Nutzung von Ressourcen ein. Das Ziel ist es, Treibhausgase zu vermeiden und hier vor allem den jährlichen Ausstoß deutlich zu reduzieren.

Dabei trägt die kommunale Infrastruktur nur einen Bruchteil zu den insgesamt ausgestoßenen Treibhausgasen bei. Der größte Anteil wird von den Privathaushalten ausgestoßen, die deshalb in Zukunft bei der Umsetzung energieeffizienter Maßnahmen unterstützt werden.

Die Bewohner Beforts werden dazu eingeladen sich aktiv am Klimaschutz zu beteiligen um gemeinsame Ziele zu erreichen und erhalten in dem Sinne finanzielle Beihilfen für Energieeffizienz.

In der nächsten Nummer des „De Beeforter“ zum Klimapakt:

Der Solarkataster
(http://www.cadastre-solaire.beaufort.lu)

ABRÉCH AN DER HIERSCHT- A WANTERZÄIT

Soubal et owes éischter däischter gëtt notzen eng Rei Onéierlecher fir am Schied vun der stackdäischter Nuecht ronderëm d'Haiser ze luussen an esou ongehënnert hirer krimineller Dot nozegoen. Esou gouf et eng kleng Abrochserie ufanks Oktober. Nieft der "Brasserie Beim Adelheid", wou et nëmmen ee klenge Schued ze vermelle gëtt, hunn déi hongereg Brigangen och de "Puck by Ballanti" heemgesicht a matgeholl hu se d'Dageskeess an eng Rëtsch "Hamburger".





D'Police huet eng "Section de Prévention du Crime de la Police grand-ducale", déi ënnert der Telefonsnummer 4997-2333 oder E-Mail prevention@police.etat.lu ze erreechen ass. Hei ginn et sämtlech Informatiounen ewéi ee sech am beschte schütze kann. Ënnendrënner e puer wäertvoll Rotschléi aus engem vun hire Publikatiounen zum Thema "Abroch":

Der Einbruch ist eine besondere Form des Diebstahls mit einer sehr hohen Sozialschädlichkeit. Diese Straftat, welche sich oft, in der Wohnung, einem sehr privaten Ort des Menschen abspielt, kann sehr hohe materielle und auch psychische Schäden beim Opfer hervorrufen. Dennoch sind viele Mitbürger unvorsichtig. Immer wieder hören wir dieselben Aussagen: „Ich habe sowieso kein Geld und keine Wertsachen im Haus"; „Ich bin sowieso gut versichert!"; „Wenn der Täter einbrechen will dann tut er es!".

Diese Überlegungen sind falsch. Auch wenn sie keine Wertsachen im Haus aufbewahren, so weiß dies der Täter nicht, die Versicherung hilft nicht gegen den Schreck den das Chaos nach dem Einbruch hinterlässt und generell kann man gegen den Einbruch vorbeugen.

Geeignete Präventionsmaßnahmen müssen sicherheitstechnische und verhaltensorientierte Aspekte miteinander verbinden.

Ratschläge über die mechanische- beziehungsweise elektronische Absicherung von Ihrer Wohnung können Sie bei der Beratungsstelle der Polizei, unter der Telefonnummer 4997-2333, gratis beziehen.

Folgende Ratschläge führen Ihnen einige einfache Verhaltenstips vor Augen, damit der Einbrecher keine Chance hat.

1. Sichtbarkeit verbessert die Sicherheit: Bepflanzungen rund um das Haus sind so anzulegen, dass sie vom Einbrecher nicht als Sichtschutz genutzt werden können. Sorgen Sie für einen regelmäßigen Pflanzenschnitt.

2. Lassen Sie keine Einstiegshilfen (zum Beispiel Leitern) um Ihr Haus herumliegen.

3. Außensteckdosen spenden Ihnen zwar Strom, aber auch dem Einbrecher mit seinem Elektrowerkzeug. Steuern Sie diese Steckdosen über einen Schalter, der sich im Innern des Hauses befindet.

4. Schließen Sie Fenster, Balkon- und Terrassentüren, sowie auch Ihr Garagentor, auch bei sehr kurzer Abwesenheit.

5. Bei Abwesenheit, ziehen Sie die Tür nicht einfach nur ins Schloss, sondern schließen Sie richtig ab.

6. Verstecken Sie Ihren Wohnungsschlüssel niemals draußen: Der Einbrecher kennt sicher Ihr Versteck.

7. Lassen Sie niemals den Schlüssel innen an einer Außentür mit Glasfüllung stecken.

8. Gekippte Fenster sind offene Fenster und vom Einbrecher einfach zu öffnen.

9. Lassen Sie weder größere Bargeldsummen, noch wertvollen Schmuck offen herumliegen. Bewahren Sie sie, wenn möglich, in einem eingebauten Tresor auf.

10. Öffnen Sie auf Klingeln nicht bedenkenlos und zeigen Sie gegenüber Fremden ein gesundes Misstrauen. Nutzen Sie Türspion und Sperrbügel.

11. Der Nachbar – Ihr bester Freund! Gute nachbarschaftliche Kontakte sind nicht nur eine angenehme Kommunikationsform die zur Aufmerksamkeit und zur Mitverantwortung führt, sondern auch eine effiziente Vorbeugungsmöglichkeit. Wenn Sie verreist sind kann der Nachbar Ihren Briefkasten leeren, den Rasen mähen, ihre Mülltonne benutzen und einholen, Licht bei Ihnen zeitweilig einschalten, sowie auch Ihre Rollläden regelmäßig schließen und öffnen.

12. Benachrichtigen Sie sofort die Polizei (Notruf 113) wenn Sie verdächtige Personen, die zum Beispiel die Umgegend observieren, oder verdächtige Fahrzeuge in Ihrer Strasse oder in Ihrer Wohngegend bemerken.

EEN ÄISKALE JOB

Zanter dëser Wantersaison huet de Syndicat d'initiative et du tourisme an der Persoun vum Jörg Becker een neien Äismeeschter. Den 28. Oktober ass d'Saison opgaangen an d'Virbereedunge fir dat neit Äis hu Mëtt Oktober ugefaangen.

An den éischten dräi bis véier Deeg goufen d'Bëtongsplacken ofgekillt. An de Bëtongsplacke leie kleng Réier duerch déi eng Soleflëssegkeet leeft. D'Soleflëssegkeet besteet aus engem Gemësch aus Waasser an enger Zort Frostschutzmëttel. Et si ronn 5.000 Liter, déi duerch déi kilometerlaang Réier am Beton fléissen an d'Soleflëssegkeet gëtt mat der Hëllef vun engem Ammoniak-Kreeslaf op Minustemperature bruecht. D'Killanlag huet zwee grouss Motoren, déi elektronesch gereegelt ginn. Ee Motor iwwerhëlt d'Haaptleeschtung a si zwee zesummen hu seng eng Auslaaschtung vu 150 Prozent. All Joer iwwerhëllt den anere Motor d'Haaptleeschtung.

Nodeems de Fong vun der Äispist ofgekillt gouf, koum eng éischt Schicht Waasser drop. Soubal déi gefruer ass, koum eng zweet Schicht an esou weider. Eng Waasserschicht bréngt tëschen een an zwee Millimeter Äis. No ongefëier dräi bis fënnef Schichte kënnt déi nächst Etapp: d'Markéierung vun de Linnen. D'Linnen an de verschidde Faarwe ginn allerdéngs nit direkt op de Buedem gemoolt ewéi dat fréier de Fall wor. Hautdesdaags sinn d'Linnen aus Krepppabeier, deen op dat relatiivt dënnt Grondäis geluecht gëtt.

Mat Waasser naass gemeet fréiert d'Pabeierband um Grondäis a bleift esou pechen. Och déi verschidde Fläche ewéi virum Goal zum Beispill ginn no dësem Prinzip opgefëllt. Dësen Deel vun der Aarbecht iwwerhëlt de Beeforter Äishockeyclub. Fréier gouf mat Kallek d'Äis méi wäiss gemeet mais duerno, wa bis d'Waasser am Fréijoer geschmolt ass, gouf et eng déck Sauerei. Haut gëtt dat mat enger Zort Mëllechpolver gemeet.

Soubal d'Markéierung agefruer ass kommen déi nächst Waasser- resp. Äisschichten bis d'Déckt vu gutt dräi bis véieranhalwen Zentimeter erreecht ass. Et hänkt allerdéngs vum Wieder an den Temperaturen of bis een op déi gewënschten Déckt kënnt. Bei killen Temperaturen dauert et logescherweis net esou laang ewéi bei de Fréijoerstemperaturen am leschten Oktober. D'Äismaschinn u sech huet verschidde Funktiounen. Beim Driwwerfueren gëtt d'Äis mat engem schaarfe Messer gehuwwelt an de Schnéi, deen dobäi entsteet, kënnt an een Behälter vun der Maschinn. An engem zweete Prozess kënnt Waasser op d'Äis. D'Waasser fëllt d'Lächer an den Onreegelméissegkeete vum Äis. Den dënne Waasserfilm fréiert dann an d'Schlittschongfuerer kënne vun enger frëscher a glater Äisfläch profitéieren.

De Waassertank vun der Äismaschinn faasst 700 Liter. Pro Tour ginn an der Reegel tësche 500 a 700 Liter Waasser verbraucht. Besonnesch vill Aarbecht gëtt et no engem Icekarting-Owend oder wann d'Äis muttwëlleg zerstéiert gëtt. Mam sougenannte "Kanadier" vun de Schlittschongleefer entsti Furche vu bis zu annerhallwem Zentimeter Déift an déi kënnen nit mat engem Tour vun der Äismaschinn gefléckt ginn. Besonnesch fir Ufänger ass et eng Gefor well si doduercher éischter fale kënnen.

Jee no Wieder an den Temperaturen dauert et méi oder manner laang bis ee rëm drop fuere kann. Ass d'Äis nach net fest an naass an et fiert een drop, da gëtt séier aus der ieweschter Äisschicht Matsch an et mécht een et esou futti. Dowéinst muss een heiansdo méi laang waarde bis d'Äis fest. Nieft de waarmen Temperature spillt de Wand och eng grouss Roll. Um Äis läit eng kal Loft an de Wand bléist se fort an amplaz kënnt dann eng

Loft mat der aktueller Baussentemperatur. Wann déi och nach waarm ass, dann dauert et och rëm méi laang bis d'Äis fest ass.

De Jörg Becker fänkt moies tësche 7.15 a 7.30 Auer un an zu den éischten Aufgaben zielen d'Maschinn mat Waasser fëllen, d'Äis huwwelen a frësch maachen. Zemools laanscht d'Säiten gëtt et vill Aarbecht. Déi meescht Schlittschongfuerer fuere laanscht d'Bande an do ass Äis zimlech ofgenotzt. Des Weidere bilt sech bei waarme Temperature Kondenswaasser laanscht d'Bande an dat leeft erof op d'Äis, wou sech dee Moment kleng Hiwwele entstinn. Dann heescht et sou dacks ze huwwele bis d'Äis op dëser Plaz rëm gläichméisseg mam Rescht vun der Äisfläch ass. Wann dat bis fäerdeg ass da geet et weider an den technesche Beräich wou Reperaturen duerchgefouert ginn. Nom Tour gëtt de Schnéitank eidel gemeet, d'Maschinn mat Waasser opgefëllt a mat Waasser gebotzt.

Zu de weideren Aufgabe vum Jörg Becker zielt och d'Schlittschong ze schläifen. Hei ass an der Chrëschtvakanz déi meeschten Aarbecht. Fir Chrëschtdag leien dacks nei Schlittschong ënnert dem Chrëschtbeemchen an déi musse geschlaff ginn. Mais och Leit, déi onreegelméisseg fueren, gesäit ee se éischter an der Chrëschtvakanz ewéi zu den aneren Zäite vum Wanter. Dee Moment heescht et meeschtens d'Schlittschong nei ze schläifen.

Wie Loscht an Zäit huet mat der Äismaschinn ze fueren, dee kann dat als een Niewenjob maachen a sech beim Syndicat d'initiative et du tourisme mellen. Et ginn ëmmer Leit fir dës Aufgab gesicht.

COMMERCE

EE COIFFEURSSALON AM SECOND-HAND-SHOP

Zanter dem Juni 2016 fënnt een op Nummer 6 un der Rue des Promenades zu Beefort, der nämmlechter Entrée vum Büro vun der Entreprise Scholtes-Vossen SA, de "Yo's Second Hand Shop". Ewéi den Numm et schonns seet handelt et sech hei ëm ee Geschäft mat Okkasiounssaachen an am Mëttelpunkt stinn haaptsächlech Markekleeder fir d'Dammen. Nieft de Kleeder ginn och nach Schong, héichwäerteg Dekoratiounsartikelen, Bijouen an Accessoiren ewéi Poschen zum Beispill an nach villes méi ugebueden. Zur Auswiel sti bekannt Marken ewéi Desigual, Boss, Airfield, Comma, Esprit, Adidas, Cecile, s.Oliver, Street One, Jack Wolfskin, Only, Zara, Barisal, Ana Sousa, Rieka a Gabor fir nëmmen e puer ze ernimmen. An deem aus Holz flott ageriichte Raum ass och eng Kabinn ënnerbruecht, wou een d'Kleeder umoosse kann. Passend zu dëser Joreszäit sinn elo Wanterkleeder ausgestallt a geleet gëtt de "Yo's Second Hand Shop" vum Yolande Scholtes-Vossen.

Uganks Dezember gouf op der nämmlechter Adress eng offiziell Ouverture gefeiert. Ënnert dem Numm "Lilly James" féiert hei zanter enger Zäitchen d'Aurélie Cambier hire Coiffeurssalon fir Dammen an Hären. Dat Besonnescht ass, dat si ausschliisslech mat Produkter op biologesch organescher a planzlecher Basis schafft. Hir Servicer ëmfaassen déi komplett Offer vun enger Coiffeuse, Visagistin, Coloristin, Maquilleuse, asw. Och si schafft och op Rendezvous a detailléiert Informatioune ginn et um Internetsite www.lillyjames.lu, wou een och eng Rei Ateliere ewéi zum Beispill am Make-up fënnt.

D'Ouvertureszäite sinn dënsdes a donneschdes moies vun 9 bis 12 Auer an nomëttes vu 14 bis 17 Auer. Selbstverständlech ass et och méiglech ee Rendez-vous ausserhalb den normalen Ouvertureszäiten ze fixéieren. Weider Informatioune ginn et op der Facebooksäit op däer och regelméisseg Meederchersowender ugekënnegt ginn.

SPORT

SPORTLICHE ERFOLGE GARANTIERT

1. Reihe sitzend (v.l.n.r.): Maimouna Camara, Damiano Morocutti,
2. Reihe stehend (v.l.n.r.): Carla Tavares, Lena Schmit, Daniel Talmazan

Einen holprigen Start in die neue Saison erlebte der Beforter Judoclub. Beim Saisonauftakt in Hainaut-Cup in Roselie in Belgien am 8. Oktober lief noch nicht alles rund. Carla Tavares Fernandes, Cheryl Weyland und Lena Schmit konnten dennoch in ihren Gewichtsklassen die Silbermedaille erkämpfen während Damiano Morocutti im Schwergewicht gegen deutlich schwerere Gegner sich nur einmal durchsetzen konnte und am Ende einen respektablen siebten Platz belegen.

Mit über weite Strecken erstklassigem Judo überzeugten die Athletinnen und Athleten dagegen bei der Elitemeisterschaft der U15, U18 und U21 am darauffolgenden Wochenende in Strassen. Die Resultate aus Beforter Sicht: Daniel Talmazan: 1. Platz U15; Lena Schmit: 1. Platz U15; Carla Tavares Fernandes: 1. Platz U15, 1. Platz U18; Maimouna Camara: 2. Platz U15, 2. Platz U18; Damiano Morocutti: 1. Platz U15, 1. Platz U18; Moris Scholl: 2. Platz U21.

Am 21. Oktober fand ein internationales Judo-Turnier in den Kategorien U9, U11, U13 und U15 (alle weiblich/männlich) in Ettelbrück statt und für die 15 gestartete Athletinnen und Athleten vom JC Beaufort/Echternach sollte es ein goldener Samstag werden. Von den zwölf Gewichtsklassen konnten am Ende des Tages neun Gewichtsklassen gewonnen werden: 1. Platz: Gierens Dutch, Max Miller, Gabriel Morais, Mika Fernandes, Daniel Talma-

zan, Mara Urbing-Huss, Nikolas Mariani, Romain Mariani, Leo Giefer; 2. Platz: Cheryl Weyland, Joana Magalhaes, Tun Bangnowski, Dalto Damiano; 3. Platz: Lucie Diedert, Martin Soraya.

Carla Tavares reiste unterdessen am gleichen Samstag mit der Nationalmannschaft nach Bastogne zum international topbesetzten LUX-Cup 2017. In der Kategorie bis 48 Kilogramm konnte sie sich gegen starke Konkurrenz bis zum Finale behaupten. Im Finale unterlag sie denkbar knapp gegen die Belgierin Van Delsen. Sie freute sich dennoch über die Silbermedaille.

Ebenfalls in Bastogne haben die Schützlinge von Thomas Kessler und Ralf Heiler am Sonntag des gleichen Wochenendes an einem Mannschaftsturnier in Bastogne teilgenommen. Die Mannschaft sah wie folgt aus: Claudio Nunes Dos Santos (- 73 kg), Kim Eiden (- 57 kg), Bilge Bayanaa (- 81 kg), Anetta Mosr (- 63 kg), Charly Lippert (- 90 kg), Monique Kedinger (+ 63 kg) und Denis Barboni (- 100 kg). Nach drei Siegen in vier Begegnungen kommen die Luxemburger am Ende auf einen guten zweiten Platz.

Vom Freitag, den 10. November, bis Sonntag, den 12. November, richtete der JC Beaufort/Echternach, den ersten Interreg-Lehrgang in Befort aus. Jugendliche der Altersklassen U15/U18 aus Speyer, Trier, Echternach, Befort und Luxemburg hatten jede Menge Spaß bei unterschiedlichen Randoriformen, Technik- und Taktiktraining im Stand und Boden sowie beim Akrobatiktraining. Schnell bildete sich unter der Leitung von Anetta Mosr (Beaufort/Echternach), Markus Kost (Speyer) und Jan Schmidt (Beaufort/Echternach) ein tolles Team, welches mit viel Anstrengung und Schweiß dieses

Im blauen Kimono: Moris Scholl

Klara Mosr, Andy Bissen, Anetta Mosr

Wochenende zu einem Highlight werden ließ.

Trotz Schmuddelwetter startete die Gruppe zu einer Wanderung zur Burg und Schloß Beaufort, auf dem Weg dahin stand ein Besuch des alten Dojos auf dem Programm. Für das leibliche Wohl am frühen Morgen sorgten Margreet und Anetta mit der Unterstützung vom Café Central und das Mittagessen und Abendessen stellte den Teilnehmern die Jugendherberge in Beaufort zur Verfügung.

Im nächsten Frühjahr findet dann der zweite Besuch in Speyer statt.

Der Trainernachwuchs von Beaufort/Echternach mausert sich. Andy Bissen konnte bei seinem ersten Einsatz als Coach bei der höchsten Meisterschaft in Luxemburg, den "Championnats Nationaux de l'Élite Seniors" unter den Augen der Nationaltrainer seine Aufgabe auf höchstem Niveau bravourös lösen und den Verein am 8. Dezember in Differdingen würdig vertreten. Dank seiner Mithilfe erreichten Anetta Mosr und Morris Scholl jeweils den zweiten Platz im Einzelturnier und Klara den dritten Platz im Einzelturnier. Im erstmalig ausgetragenen Interreg-Teamwettbewerb mit Mannschaften aus Deutschland, Frankreich und Luxemburg sicherten sich Klara und Anetta die Silbermedaille mit dem Team.

Judo für Generationen und Weihnachtsfeier hieß es am 15. Dezember für 150 Teilnehmer in Befort. Beim letzten Turnier des Jahres (Tournoi international d'Amnéville) erkämpften Cheryl Weyland die Silber- und Lena Schmit eine Bronzemedaille.

Zweiter Platz für Cheryl Weyland

Daniel Talmazan belegt den ersten Platz

TABELLELEADER

1. Rei (v.l.n.r.): Piotr Swiderek, Ben Houdremont (Ass-captain), Joël Holtzem (Captain), Michel Welter, Benny Welter (Spillertrainer), Eric Wambach (Ass-captain), Sven Cruchten
2. Rei (v.l.n.r.): Carlo Welter (President), Kai Linster, Nicolas Mossong, Claude Mossong, Krishan Schimberg, Cedric Farinon, Chris Meyers, Xavier Thill, Natan Weyders, Jean-Marie Funk (Vizepresident)
3. Rei (v.l.n.r.): Mirko Mosr, Brian Schleimer, Dennis Grönlund, François Schons, Bob Linster, Demir Mededovic, Pit Wietor

Wéi spillt den IHCB, de Vizechampion aus der belscher Division 1 an der neier Saison? Dat war dat grousst Fragezeichen virum éischte Mätsch den 28. Oktober doheem géint Olympia Heist op der Berg. De belsche Championnat huet den 29. September ugefaangen an Olympia Heist op der Berg huet seng éischt dräi Mätscher all gewonn. Eréischt am Laf vun der Woch virum éischte Mätsch konnt den IHCB doheem um Äis trainéieren.

No knapps véier Minutten huet de Cedric Farinon de Vizechampion aus Lëtzebuerg a Féierung bruecht a mol keng zéng Minutte méi spéit huet de Mirko Mosr den 2:0 geschoss. D'Gäscht aus der Belsch hunn net opginn an no zwou Minutten nom 2:0 ass den 2:1 gefall.

Ähnlech ewéi am éischten Drëttel hunn d'Beeforter am Ufank ee Goal geschoss an zwar an der véierter Minutt war et de Ben Houdremont, deen op 3:1 erhéicht huet. Olympia Heist op der Berg huet ëmmer méi den Toun uginn an esou hu se an der 36. Minutt op 3:2 verkierzt.

Am leschten Drëttel dat nämmlecht Bild. An der 42. Minutt schéisst de Claude Mossong de 4:2 a vun deem Moment un ass d'Spill an nëmmen eng Richtung gaangen: op de Beeforter Goal. Laang hu se dee gutt verteidegt an duerch verschidden Eenzelaktiounen huet d'Méiglechkeet bestane fir op 5:2 ze erhéijen. An der 56. Minutt ass allerdéngs de 4:3 gefall a vun do un ass et méi wéi spannend ginn. Duerch Zäitstrofe stoungen zäitweis nach nëmmen dräi Beeforter Feldspiller um Äis. D'Bollwierk huet duergehale an déi éischt dräi Punkte fir dës Saison bleiwen zu Beefort.

Déi Woch drop stoung den éischten Auswäertsmätsch um Programm an och hei hu sech

d'Beeforter schwéier gedoen an de Mätsch ze kommen. No 60 Minutte stoung et 3:6 fir den IHCB géint Jets Gullegem an ënnert dem Strréch bleiwe sechs Punkten aus den éischten zwee Mätscher.

Beim nächsten Heemmätsch géint Chiefs Leuven war de Beeforter Goalie Michel Welter de Mann vum Mätsch. Duerch eng staark Leeschtung géint déi offensiv beschtens agestallten Ekipp huet hien den IHCB am Mätsch gehalen a Beefort gewënnt 4:1.

Keng Problemer hunn déi nächst zwee Géigner bereet. Géint Phantoms Antwerp huet den IHCB 3:12 auswäerts an 10:1 doheem géint Bulldogs Liège gewonn. An engem spannende Mätsch géint HYC Toekomst Herentals konnten d'Beeforter duerch eng disziplinéiert a gutt Teamleeschtung mat 1:2 d'Iwwerhand behalen. No sechs Mätscher ass den IHCB weider ongeschloen a gläichzäiteg Tabellenleader vun der belscher Division 1. Siwente Mätsch, siwent Victoire. Am Mätsch géint Limburg One hunn déi Beeforter et onnéideg spannend gemeet, um Enn awer konnte si et kloer fir sech entscheeden.

Um Virowend vun Hellegowend huet den Tabelleleader aus Beefort d'Ekipp vun HYC Toekomst Herentals empfaangen. An engem spannende Mätsch hunn déi Beeforter sech fir d'éischte Kéier an dëser Saison geschloe misse ginn. 2:4 stoung et op der Tafel an déi Defaite ass haaptsächlech op déi schlecht Chanceverwäertung zréckzeféieren.

De leschte Mätsch am Kalenner-joer war fir den 30. Dezember programméiert. Mat Cold Play Mechelen koum den Toppfavorit op Beefort. A fënnef Mätscher hu si 90 Goaler geschoss an deen Owend koumen nach siwe Stéck op hire Kont dobäi. Viru ronn 200 Zuschauer huet d'Ekipp vu Mechelen mat 2:7 gewonn an d'Zuschauer konnten den héije Niveau vu Cold Play Mechelen bewonneren.

CHRONIK

SEPTEMBER 2017

3. September

Déi **28. Editioun vun der Randonnée Charly Gaul,** déi vum ACC Contern organiséiert gouf, ass och duerch Beefort gaangen. De Start an d'Arrivée waren zu Iechternach a souwuel bei der Streck A (162 Kilometer) a Streck B (102 Kilometer) stoung Beefort um Programm.

6. September

D'Post huet hir Bréifboîte geplënnert. Si steet nit méi beim fréiere Postgebai mais beim Proxy Delhaize bei der Senioreresidenz. Eng zweet Bréifkëscht steet weiderhin un der Fassade vun der Spuerkeess.

7. September

Vertrieder vun der Dippecher Gemeng waren zu Beefort op Besuch an déi Delegatioun huet sech zesummegesat aus der Buergermeeschtesch Manon Bei-Roller, dem Sekretär Claude Elsen an dem Techniker Serge Tanson. Vun der Beeforter Säit waren de Buergermeeschter Camille Hoffmann, d'Schäffen Lily Scholtes an Emile Wies an de Sekretär Georges Rischette vertrueden.

D'Gemeng Dippech huet der Beeforter Gemeng zwee Container geschenkt, déi si net méi brauchen. Déi Container goufen an der Tëschenzäit ageriicht an hei fänkt de 15. September d'Schoul un. Et sinn dat d'Spillschoulsklasse vum Sandy Winandy an Anne-Marie Huberty-Mathey. Bekanntlech kënnt op der Plaz vun der aktueller Spillschoul eng nei Spillschoul mat Maison Relais.

Ugefaangen huet den Dag mat enger Visite vun de Beeforter Schlässer. Uschléissend ass et weider bei d'Schoul gaangen a hei konnte se déi nei ageriichte Container kucken. Bei dëser Geleeënheet kruten d'Gäscht aus dem Süden net nëmmen d'Schoulorganisatioun erkläert mais och déi ganz Entwécklung aus de leschte Joren zu Beefort. Déi nächst Etapp vun der Visite war dann déi nei Sportshal mam Fitnessraum an dem Judossall.

Ofgeschloss gouf de Besuch mat engem Iessen am Hotel Meyer, wou de Gedankenaustausch weider gaangen ass. Op jidde Fall war d'Dippecher Delegatioun beandrockt vun de Beeforter Infrastrukturen an der domat verbonnener Liewensqualitéit an zum Schluss goufen déi Beeforter op ee Géigebesuch agelueden.

8. September

Zéng Kandidate fir néng Plazen. Um 18 Auer war de leschten Termin fir sech als Kandidat fir d'Gemengewahlen den 8. Oktober aschreiwen ze loossen.

14. September

D'Eliane, d'Tessy an de Georges beaarbechten de Vote par correspondance. 78 Leit hunn d'**Bréifwahl** ugefrot.

15. September

Schoulufank. Fir 340 Schoulkanner a 45 Leit Léierpersonal fänkt den Eescht vum Liewe fänkt erëm un. Fir ee gudden Ufank ze suergen huet d'Elterevereenegung de Kanner an den Eltere Mëllech, Kaffi a Croissant fir een Euro ugebueden. Des Weideren hunn d'Dagesmammen zwee Schecke iwwerreecht, all Kéiers an Héicht vun 900 Euro fir d'Classe de neige an d'Classe de mer.

Schwéiert Verkéiersaccident tëschen der Vugelsmillen a Bäerdref mat zwee uerg Blesséierten an d'Beeforter Pompjeeë hunn hir Rettungskollegen aus der Géigend ënnerstëtzt.

Déi lescht Gemengerotssëtzung virun de Wahlen an uschléissend si **Beeforter Welt- a Landesmeeschter** zu Éiere komm.

16. September

Knapps siwe Stonnen nom Fassanstich op de Wiesn zu München war Beefort mat sengem **Oktoberfest** un der Rei. Am Géigesaz zum Münchener Buergermeeschter Dieter Reiter, deen zweemol zougeschloe huet fir de Fassanstich, huet den Alex Pereira, Kommandant vun de Beeforter Pompjeeën, ee bësse méi laang gebraucht bis de Béier gefloss ass.
Dës Editioun vum Beeforter Oktoberfest gouf op der Äispiste vu PaprikArt zesumme mam Judoclub, der Elterevereenegung an dem Syndicat d'initiative et du tourisme organiséiert. Fir d'Ënnerhalung hunn de Gamsbart Trio an den DJ Al gesuergt.

Net nëmmen op der Äispiste gouf d'Oktoberfest gefeiert. Niewendrun am Puck huet een Haxenowend stattfonnt a wéi d'Äispiste war och hei alles a wäiss a hellblo dekoréiert.

18. September

Am Theis-Haus, dem Sëtz vum Naturpark Mëllerdall, gouf **een éischten Tëschebilan vum Naturpark Mëllerdall** gezunn a gläichzäiteg och déi geplangte Kandidatur fir den Unesco-Geopark-Label virgestallt. De kompletten Artikel op de Säite 16 a 17.

21. September

D'Amicale Beefort (Organisateur vum Schlassfest) huet am Rehazenter um Kierchbierg een Handbike am Wäert vu 5.000 Euro un d'Sandra Schwinninger iwwerreecht. Duerch hir Behënnerung huet d'elengerzéiend Mamm vun zwee Kanner kee Führerschäin méi an den Handbike hëlleft hir den Alldag ze meeschteren an och sportlech Aktivitéiten ze ënnerhuelen. D'Vermëttlung huet d'Fondatioun Wonschstär iwwerholl.

26. September

Nei Busarrêten zu Beefort. Si befanne sech an der Halerstrooss (Linnen 107 an 414) an an der Reisduerferstrooss (Linnen 502 a 503).

29. September

An enger neier Opmaach ass d'Nummer 56 vum "De Beeforter" erauskomm.

OKTOBER 2017

1. Oktober

Op Pappendag huet de Syndicat d'initiative et du tourisme zesumme mat de Veräiner de klenge **Kiermesmaart mat Floumaart** um Kiosk organiséiert. D'Sonn huet sech ee bëssi schwéier gedoen fir dem Niwwel Meeschter ze ginn mais am spéide Moie koum se eraus an huet dunn de ganzen Dag geschéngt.

Esou war et och dann am Nomëtteg wann déi meescht Leit op de Kiermesmaart komm sinn an nieft de verschidde Stänn war mat ënner anerem Musek a Ponyreide fir Kanner fir Animatioun gesuergt. Dernieft huet d'Elterevereenegung ee Kannerfloumaart organiséiert.

2. Oktober

Nom Pappendag koum den Dag drop een anere "Papp" op Beefort an zwar "**Papa Roach**". Tëschen hirem Optrëtt sonndesowes zu Antwerpen a méindesowes an der Rockhal zu Esch huet déi amerikanesch Metall- a Rockband genuch Zäit ageplangt fir am Virmëtteg an am fréien Nomëtteg den offizielle Videoclip zum Lidd "None of the Above" um Schlass ze dréinen. Geschlof hu si iwweregens ënnerwee am Tourbus.

"Papa Roach" huet iwwer Facebook een Opruff ënnert hire Fans gemeet fir eng Buerg virzeschloen, wou een ee Videoclip kann dréinen. De Mike Simon huet hinne säi Film vun de Beeforter Schlässer, deen hien mat senger Drohn gefilmt huet, virgeschloen an de Site gouf zréckbehalen. Enn August huet sech de Management beim Georges Rischette gemellt.

A knapps engem Mount gouf dat Ganzt organiséiert. Nieft der Band hunn och eng Rei Dänzer aus Lëtzebuerg an aus der Groussregioun am Videoclip matgemeet. Ënnert der Regie vum Alex Lopes hu si eng Choreographie astudéiert an déi ganz Ekipp vu "Papa Roach" war vun deene professionellen Optrëtter esou begeeschtert, datt si alleguer ageluede waren, déi Choreographie owes während dem Concert virzedroen. Nom Lidd, dat als éischt Zugab op der Setlist stoung, huet de Sänger Jacoby Shaddix dem Publikum erkläert, datt si den Dag ee Video zu Beefort um Schlass gedréint hunn. D'Publikum war méi begeeschtert dat ze héieren.

Fir d'Dänzer koum zum Schluss nach eng Kiischt op de Kuch: Si all hunn dierften an de Backstage goen a mat der Band flott Momenter verbréngen.

Reportage vun RTL iwwert Papa Roach zu Beefort

Pearl

4 . Oktober

"Erënnerung un eise Frang" heescht d'Ausstellung vum Romain Thielen, déi bis de 15. Oktober am Kulturzenter Aalt Stadhaus zu Déifferdeng leeft. Si weist d'Entwécklung vun de lëtzebuerger Geldschäiner am Laf vun de leschte Joren, Jorzéngten an Joerhonnerten. A verschidde Krisenzäiten a bei Geldknappheet goufe Bongen an den Ëmlaf bruecht an och sou Exemplaren sinn ze gesinn.

Um Vernissage vun der Ausstellung waren nieft dem Déifferdenger Buergermeeschter Roberto Traversini an dem Schäffen Tom Ulveling och d'Beeforter Gemeng mam Buergermeeschter Camille Hoffmann an de Schäffe Lily Scholtes an Emile Wies bei dëser klenger Feier vertrueden.

6. Oktober

Am Virfeld vun de Gemengewahlen huet de Radio 100,7 ee Reportage iwwer Beefort gemeet: https://www.100komma7.lu/article/aktualiteit/si-geheieren-dozou

7. Oktober

D'Beeforter Senioren hunn **een Tour mat der Marie-Astrid** gemeet.

8. Oktober

Nieft de Gemengewahlen stoung déi **eeleft Editioun vun der "Randonnée Mullerthal"**, déi "Rando & Co Mëllerdall VoG" organiséiert huet, um Programm. Gezielt goufe 453 Mountainbiker an 101 Persounen, déi getrëppelt sinn. D'Organisateure soen de fräiwëllege Hëllefer, de Sponsoren, der Gemeng an der Forstverwaltung Beefort e grousse Merci fir hir Ënnerstëtzung. Och soen si der Beeforter Jugendherberge Merci fir d'Bereetstellung vun hirer Entrée fir d'Aschreiwungen.

Déi zwieleft Editioun vun der "Randonnée Mullerthal" ass fir e Sonndeg, de 14. Oktober 2018 geplangt.

10. Oktober

Den Akt ass ënnerschriwwen. Ënnert der Denominatioun "Ernz Noire sàrl" gëtt d'Famill Brimer Propriétaire vum fréieren Hotel-Restaurant um Grondhaff. Laut de Pläng ginn an nächster Zukunft d'Zëmmeren reaménagéiert an am Interesse vum Tourismus an der Petite Suisse Luxembourgeoise ass an deem Gebai d'Formule "Hebergement" virgesinn.

10. Oktober

Mat enger Mass huet den **Nationale Commemoratiounsdag zu Beefort** ugefaangen, deen un d'Resistenz vum Lëtzebuerger Vollek an der schwéierer Zäit vun 1940 bis 1945 erënnere soll. Während dem Gottesdéngscht huet d'Pastoralassistentin Josiane Mirkes ervirgehuewen, datt Beefort sech fir déi zweete Kéier an dësem Joer dëser schwéierer Zäit gedenkt. Am Juli gouf nämlech eng Gedenkplack ageweit, déi den aussergewéinlechen Zivilcourage vun der Famill Jodocy a ville Beeforter Bierger éiert. "Wer in der Demokratie schläft, wacht in der Diktatur auf" ass an dësen Deeg vill méi aktuell ewéi ee mengt wann een déi verschidden Tendenzen a ganz Europa ukuckt.

No der Mass huet de Schäfferot eng Gerbe beim "Monument aux Morts" néiergeluecht. Un dëser Gedenkfeier hunn ë.a. och d'Pompjeeën an d'Scouten deelgeholl a fir de musikalesche Kader hunn d'Chorale vu Beefort a Waldbëlleg-Haler gesuergt.

11. Oktober

Schmierereien op der Picknickplaz Kippeschlee. Kaum ze gleewe wat sech deejéinegen oder déijéineg dobäi geduecht hu fir ee Stéck Natur mat Spray esou ze verschandelen. D'Reaktiounen an de sozialen Netzwierker war sou grouss, datt dësen Akt vu Vandalismus vun de Medien iwwerholl gouf. Alleng um Facebook-Site vum "De Beeforter" goufen d'Fotoen 176 mol gedeelt an esou iwwer 51.237 Persounen erreecht. D'Kommentare waren eendeiteg a keen een huet dës muttwëlleg Zerstéierung guttgeheescht. Ähnlech Reaktioune stoungen an de Kommentarfunktioun vun den nationale Medien.

Felsen mit Graffiti verunstaltet

MÜLLERTHAL Vandalismus

Tobias Sentzig

BEFORT „Es ist ein Kunstwerk der Natur. Sie hat mehrere Jahrtausende gebraucht, um es zu erschaffen", sagt Jos Nerancic von der Gemeinde Befort. „Es wurde in ein paar Minuten zerstört." Nerancic arbeitet bei der Gemeindeverwaltung von Befort und stand am Mittwoch vor einem Horrorgemälde. Denn auf einem uralten Felsen im Müllerthal haben Unbekannte ein Graffiti gesprayt. „Sie haben direkt auf den Felsen gesprüht. So etwas ist noch nie passiert", sagt Nerancic. Der Felsen steht am Picknickplatz Kippiglay zwischen Vogelsmühle und Grundhof.

Mit Schmierereien auf Schaukästen oder Bänken können die Reinigungsdienste der Gemeindeverwaltung umgehen. „Aber auf einem Felsen – das ist etwas Außergewöhnliches", sagt Nerancic. Auch, ob der Felsen überhaupt sauber gemacht werden kann, ist noch unklar. Klar ist: Eine Reinigung wird bestimmt nicht billig. Die Gemeindeverwaltung hat deshalb Anzeige bei der Polizei erstattet.

Foto: Facebook



Gemeng Beefort

Vandalismus u Fielsen a Picknick-Plaz

Wéi d'Gemengenadministratioun matdeelt wier et an der leschter Zäit zu méi Akte vu Vandalismus an där Géigend komm.

Leschten Update: 12.10.2017, 13:44:00

© Administration communale de Beaufort

Wéi d'Gemeng Beefort matdeelt, goufen d'PicknickPlaz „Kippiglee" an d'Fielsen, déi tëscht Beefort an der Vugelsmille leien tëscht den Dënschdeg an de Mëttwoch de Muere mat bloer Faarf beschmiert.

FILETS DE POITRINE DE POULET
action valable jusqu'au 07/01



Vandalismus an der Beeforter Gemeng

Picknicksplaz a Fielse mat bloer Faarf beschmiert

Onbekannter hunn d'Picknicksplaz Kippiglee an d'Fielsen, déi tësche Beefort an der Vugelsmillen resp. dem Grondhaff leien, mat bloer Faarf beschmiert.

Leschten Update: 12.10.2017, 18:46:03

E-Mail schécken

Printen

FILETS DE POITRINE DE POULET
action valable jusqu'au 07/01
1+1 GRATUIT
9.70

© RTL Télé Lëtzebuerg / Domingos Oliveira

Geschitt ass dat Ganzt an der Zäit tëscht en Dënschdeg den Owend an e Mëttwoch de Moien. Eng Plainte gouf bei der Police agereecht.

Schonns Enn Abrëll waren am Bësch hannert dem Beeforter Schlass eng ronn 80 jonk Beem an eng Picknickbänk mam Dësch muttwëlleg zerstéiert ginn.

Lëtzebuerg: Am meeschte gelies

1. Bur-Dondel: Déidlechen Accident, Auto a Bam gerannt
2. Chamberwahlen 2018: 16 vun 21

Michel Gloden wird Bürgermeister

Schengen. In der Gemeinde Schengen im Dreiländereck übernimmt der Erstgewählte Michel Gloden das Ruder vom scheidenden Bürgermeister Ben Homan. Die beiden Schöffen sind der Zweitgewählte Jean-Paul Müller und der Drittgewählte Tom Weber. Bei den Gemeindewahlen waren nur vier der 14 Mitglieder des alten Schengener Gemeinderats angetreten. Nicht mehr kandidiert hatten der bisherige Bürgermeister Ben Homan, der Schöffe Jérôme Britz sowie unter anderem der ehemalige Bürgermeister der Gemeinde Remerschen, Roger Weber, und der Präsident des „ORT – Moselle luxembourgeoise" und Ratsmitglied, Gilles Estgen. *asc*

Jahrtausendealte Felsen verschandelt

Befort. Unbekannte haben Felsen am Picknickplatz Kippiglay bei Befort mit blauer Sprühfarbe verschmiert. Die Gemeinde hat Anzeige erstattet. Auch eine Informationstafel für Wanderer wurde besprüht. Erst im April hatten unbekannte Täter hinter dem Beforter Schloss 80 junge Bäume und eine Picknickbank mutwillig zerstört. *vb*

12. Oktober

Am Kummelsbau war eng **Informatiounsversammlung vum Syndicat d'initiative et du tourisme Beaufort (SITB)** zesumme mat den Hoteliere a Restaurateure aus der Gemeng. Um Ordre du jour stoungen d'Virstellung vum neien Internetsite vum SITB (www.visitbeaufort.lu), den Dépliant "Gastronomie 2018", d'Saison 2017/2018 vun der Äispist an zum Schluss Ideeën, Virschléi an d'Zesummenaarbecht tëschen dem SITB an de Betriber aus deem Secteur.

18. Oktober

E puer **Hierschtimpressiounen**:

19. Oktober

Et war eng vun de beschtbesichte Generalversammlunge vun der Beeforter Elterevereenegung, déi am Kummelsbau ofgehale gouf. De Comité mat der Presidentin Stéphanie Scholtes-Goncalves, der Vizepresidentin Carole Bintener-Schaffner, der Caissière Sonia Bras an den zwou Sekretärinnen Vanessa Barbosa-Reuland an Nathalie Albert-Kremer huet de Bilan vum Schouljoer 2016/2017 gezunn.

Zu den Haaptaktivitéiten zielen de 15. September 2016 de Schoulufank 2016/2017, den 2. Oktober d'Kiermes mat engem Second-Hand-Floumaart fir d'Kanner, den 21. Oktober d'Generalversammlung, de 5. Dezember de Kleeschen, den 2. Februar Liichtmëssdag, de 5. Februar ee Kannerfuesbal, de 5. Märerz Buergbrennen zesumme mat aner Veräiner, de 26. Mee eng Anti-Drogen-Rallye zesumme mat der Schoul vu Waldbëlleg an zum Ofschloss vum Schouljoer de 14. Juli ee grousst Schoulfest. Des Weidere hu si d'Schoulpersonal bei der Coupe scolaire den 28. Juni ënnerstëtzt.

Zanter dësem Schouljoer gëtt et kee Reliounsunterrecht méi an der Schoul an d'Elterevereenegung huet et fäerdeg bruecht hei zu Beefort ee Reliounsunterrecht ze organiséieren an dat donneschdes vu 17 bis 18.30 Auer am Kummelsbau. Eng Revisioun vun de Statute gouf an d'Weeër geleet a geschwënn wäert sech d'Elterevereenegung als eng Asbl funktionéieren. De Keessebericht huet dëst Joer mat engem Boni ofgeschloss an d'Richtegkeet vun der Keess gouf vun de Revisorinnen Tanja Weis a Jutta Reusch bestätegt.

Ee Merci goung un d'Gemeng, dem Syndicat d'initiative et du tourisme, dem Léierpersonal, den Duerfveräiner a virun allem de Pompjeeën an den Elteren.

Dräi vun de urspréngleche véier Kandidaten als Elterevertrieder waren an der Generalversammlung present an esou sinn d'Sonia Bras, d'Anne Kohl-Kortum an d'Jeannine Meyers-Modert gewielt ginn. Laut dem Gesetz sinn op mannst zwee Elterevertrieder virgesinn an d'Versammlung huet sech op déi dräi Kandidaten gëeenegt. D'Prozedur vun de Wahlen huet d'Presidentin vum Schoulcomité Betty Helminger erkläert an duerchgefouert.

Zum Schluss huet de Buergermeeschter Camille Hoffmann d'Aarbecht vun der Elterevereenegung gelueft an ofgeschloss gouf d'Generalversammlung mat enger klenger Stäerkung.



De Comité zesumme mat den dräi Elterevertrieder (v.l.n.r.): Sonia Bras, Vanessa Barbosa-Reuland, Anne Kohl-Kortum, Carole Bintener-Schaffner, Stéphanie Scholtes-Goncalves, Nathalie Albert-Kremer an d'Jeannine Meyers-Modert.

21./22. Oktober

D'Beeforter Jugendpompjeeë waren zesumme mat de Jugendpompjeeë vu Konsdref op eng 24-Stonnen-Übung zu Reisduerf invitéiert. Déi ganz Übung ass zum gréissten Deel zu Reisduerf mat enger Nuetsübung zu Beefort iwwert d'Bühn gaangen.

An de 24 Stonne stounge verschidde Spiller, Übungen, Formatiounen an ee Rallye um Programm. 40 Kanner goufe de Weekend vu 15 Moniteure begleet. D'Kanner waren a gemëschten Équipen opgedeelt fir d Gefill vu Teamgeescht mat „Friemen" ze deelen. Dës Übung war e vollen Erfolleg an eng weider ass well fir 2018 geplangt.

D'Beeforter Jugendsektioun schafft a regelméissegen Ofstänn mat Reisduerf zesummen a waart dat och dëst Joer rëm widderhuelen.

24. Oktober

Haut virun zéng Joer gouf den "Office Régional du Tourisme Région Mullerthal – Petite Suisse Luxembourgeoise" als éischten Tourismusverband gegrënnt. Zéng Gemengeverantwortlech aus der Regioun a Vertrieder vun den nationalen Tourismusvereenegungen hunn deemools de Grënnungsvertrag ënnerschriwwen. Am Laf vun de Jore si weider fënnef Gemengen an eelef Syndicat d'initiative et du tourisme bäikomm. D'Membere vum ORT sinn d'Gemengen Aerenzdall, Beefort, Bäerduerf, Bech, Konsdref, Iechternach, Fëschbech, Hiefenech, Jonglënster, Fiels, Mompech, Noumer, Rouspert, Reisduerf, Waldbëlleg und d'Touristinformationen Aerenzdall, Beefort, Bäertref, Bur-Méischdref, Konsdref, Iechternach, Jonglënster, Fiels, Reisduerf, Rouspert a Waldbëlleg.

Weider Membere sinn d'Jugendherbergen, Horesca, Camprilux, RIM (Regional Initiativ Mëllerdall), den Däitsch-Lëtzebuergesche Naturpark und den Trifolion. Ee Beobachterstatus am Verwaltungsrot vum ORT hunn de Wirtschaftsministère, Kulturministère a "Luxembourg for Tourism, GIE".

Gefeiert gouf zu Iechternach am Pavillon an op där Plaz iwwerschneide sech d'Natur an d'Kultur.

26. Oktober

Déi dräi Klasse vum C4.1 vum Viviane Bertemes, Thierry Lampach a Bob Ries hunn zesumme mam Energieberoder Laurent Hennico vum Energiepark Biekerech eng Sensibiliséierungsaktioun zum Thema "Energie" fir hir Schüler duerchgefouert. Op enger spillerescher Aart a Weis a mat Hëllef vun Experimenter gouf dat komplext Thema behandelt.

Biller hunn déi erneierbar a fossil Energie vun der Quell bis zu hirer Notzung dokumentéiert a mat enger aktiver Zesummenaarbecht hunn d'Schüler geléiert, datt een de Choix huet, wéi eng Energiequell een notze well. Fir d'Theorie gräifbar ze gestallte stoungen aacht Experimenter um Programm: Wandkraaft, Waasserkraaft, Solarenergie, fossil Energie (Dampmaschinn), spuersam Beliichtung, Isolatioun, Standby-Verbrauch an den elektresche Stroumkrees.

Zum Ofschloss a fir dat Geléiert nach eng Kéier ze widderhuele goufen eng Rei Gruppespiller gemeet an all Schüler krut och een Energieführerschäin iwwerreecht.

28. Oktober

D'Saison op der Äispist huet ugefaangen a si dauert bis de 4. Mäerz 2018. Den nämmlechten Owend huet den IHCB säin éischte Mätsch vun der Saison gespillt an direkt mat 4:3 géint Olympia Heist op der Berg gewonn. Den RTL huet vum éischten Dag vun der Ouverture profitéiert fir ee Reportage ze bréngen.
http://www.rtl.lu/letzebuerg/archiv/1090924.html

De Jeff Seyler (Fluyd, Encypher, Midlife Chris) **presentéiert am Flying Dutchman säin neien Album "Der Däiwel".** Duerno Aftershow-Party mam Laurent "Rusty Fox".

30. Oktober

De Kierfecht kritt elo wéinst Vandalismus Ëffnungszäiten: méindes bis freides: vun 8 bis 19 Auer; Weekend a Feierdeeg: vun 9 bis 19 Auer. Um Kierfecht sti Poubelle mat verschidde Faarwen: An déi gréng Poubelle kënnt de Gréngschnatt an de Buedem an an déi gro Poubelle de Rescht.

NOVEMBER 2017

2. November

Op **Allerséilen** goufen d'Griewer no der Mass vun 10.45 Auer geseent.

7. November

Offiziell Aweiung vun de Raimlechkeete vum regionalen Office Social vun de Gemenge Beefort, Bech, Bäertref, Konsdref a Reisduerf offiziell ageweit. Zanter dem Juni sinn d'Büroen op enger neier Adress an zwar op Nummer 6, rue de l'Auberge, der fréierer Jugendherberge also.

Vum 1. Januar 2011 un huet ee Sozialamt een neit an erweidert Aufgabegebitt an huet net vill mat deem gemeinsam, wat ee fréier als Aarmebüro bezeechent huet obwuel d'Haaptgebitt sech ëm de finanziellen Deel dréit. Haut kann een d'Sozialamt als eng Zort Generalist vum Sozialen an all Problematik betruechten, den éischten Uspriechpartner bei Problemfäll souzesoen.
D'Gesetz gesäit vir, datt et pro 6.000 Awunner een Office Social gëtt. An de Stied ass dat kee gréissere Problem mais am ländleche Raum di sech Gemengen zesummen a schafen ee regionaalt Sozialamt ewéi dat hei zu Beefort de Fall ass.

Jiddereen, deen an enger vun de fënnef Gemenge wunnt an iwwer 18 Joer huet, ka beim Office Social Hëllef froen an ënnert der Telefonsnummer 26 87 60 54 – 1 ee Rendezvous fixéieren. Folgend Beräicher zielen ënner anerem zum Aufgabeberäich: Iwwerfuerdert si mat der eegener Situatioun, keng Organisatioun am Alldag, Mobbing oder Kanner gi gemobbt, Chômage, kee Logement, Verständnisproblemer mat de Bréiwer vun de Verwaltungen oder aner Servicer, asw. Den Office Social ass zwar een Uspriechpartner an hie guidéiert d'Leit mais besuergt awer keng Wunneng oder Aarbecht. Dofir ginn et speziell Institutiounen ewéi zum Beispill d'Aarbechtsamt.

Aus der laangjäreger Erfahrung wëssen d'Mataarbechterinnen, datt d'Leit dacks ze spéit, vill ze spéit op de Büro kommen. An deem Sënn an als Präventioun wier et fir jidderee besser, sech éischter beim Sozialamt ze mellen. Besser sechs Méint ze fréi kommen ewéi ze spéit. Den Office Social schafft mat ville Servicer zesummen a kann d'Leit esou duerch déi breet gefächert Offer guidéieren an orientéieren. D'Begleedung kann iwwer eng länger Zäit goen, seguer iwwer Joren. Wichteg ass et awer, datt ee selwer een Effort an den éischte Schratt mécht. De Wëlle muss do sinn. Dat Ganzt geschitt op fräiwëlleger Basis an de Service ass gratis. D'Mataarbechterinnen hunn eng Formatioun vum Roude Kräiz a si ënnerleien dem Secret professionell. Dat wat am Büro beschwat gëtt, bleift och dobannen.

Am Office Social schaffen aktuell d'Tania Pautler-Lanners (Sekretärin), d'Pia Delli Zotti (Receveur), d'Jenny Martins a Leslie Matuszewski (béid Assistante sociale). Mam Jenny Schandeler kënnt vum 1. Dezember 2017 eng weider Assistante sociale bäi. De Conseil d'administration setzt sech aus fënnef Memberen zesummen, déi hir jeeweileg Gemeng vertrieden: Marc Reckinger (Beefort a gläichzäiteg Präsident vum Office Social), Charles Bingen (Bäertref), Christian Friden (Bech), Jean Ries (Konsdref) a Raymond Serres (Reisduerf).

Geschafft gëtt all Dag op Rendezvous ausser donneschdes vun 10 bis 12 Auer wann eng Permanence ass. Eemol pro Woch (méindesmëttes) ginn et och Rendezvousen zu Konsdref. D'Telefonsnummer ass ewéi schonns gesot de 26 87 60 54 – 1 an am Noutfall ausserhalb den Ëffnungszäite gëllt d'Helpline vum Roude Kräiz 2755. Weider Informatioune ginn et um Internetsite www.officesocial-beaufort.lu.

Wéi wichteg een Office Social ass huet de Patrick Salvi, "directeur social" vum Roude Kräiz bei der Ouverture ënnerstrach. Uganks November huet ee schonns mat iwwer 1000 Rendezvousen d'Zuel aus dem ganze leschte Joer erreecht.

8. November

An der Nuecht vun en Dënschdeg op haut Mëttwoch gouf d'Haaptwaasserleitung an der Géigend vum Haff Reiff verluecht an dowéinst gouf déi Leitung ofgespaart. D'Basengen am Duerf si virun den Aarbechte op de Maximum gefëllt ginn (500 Fudder) a konnten ouni Weideres den Nuetsverbrauch vum Waasser am Duerf opfänken.

Am Hotel Meyer hunn d'Beeforter Senioren "Happy Birthday" gefeiert. Geéiert goufen d'Membere mat engem ronne Gebuertsdag an dës Kéier waren dat d'Lou Brandenburger an den Albert Meyers (75 Joer). Als eelste Member koum nach d'Marguerite Gilson zu Éieren (Joergank 1923).

11. November

D'Elterevereenegung huet hir Bud renovéiert: Den Dach gouf frësch gemaach, banne gebotzt a geraumt an een neie Buedem geluecht.

14. November

Den nationalen Dag vum Bam gëtt hei zu Beefort all zwee Joer mat enger **Planzaktioun vun de Schoulkanner** organiséiert an esou war dëst Joer dowéinst näischt virgesinn. Dat huet awer d'Bëschcrèche nit dru gehënnert fir den Dag selwer eppes ze ënnerhuelen. Zësumme mam Fierschter Marc Hoffmann hu si am Bësch eng Eberesche, déi 2017 am Mëttelpunkt stoung, geplanzt. E puer Fotoe vun dëser Planzaktioun.

14. November

D'Saison vum Icekarting huet ugefaangen an déi éischt Ekipp, déi gefuer ass, waren déi fréier Schüler aus der Dikricher Hotelschoul. Éier d'Membere vun der "Amicale des Anciens Elèves du Lycée Technique Hôtelier "Alexis Heck" sech am "Puck" op der Äispist getraff hunn, stoung mat der Visite vum Renaissance-Schlass ee kulturellen Deel um Programm an zum Ofschloss gouf et ee Grog mam Beeforter Cassero.
Kuerz op 20 Auer war dann de Start vun der éischter Ekipp mat sechs Leit, déi all Kéiers mat 6.5 PS aus 200 Kubik ënnert hirem Sëtz iwwert d'Äis geflitzt ass. Zanter Joren huet den Icekarting een immense Succès an och dëst Joer ass dat rëm de Fall. Direkt den éischten Dag vun den Aschreiwungen den 1. September ware sämtlech Terminer vun der Saison beluecht.

De Syndicat d'initiative et du tourisme huet vum Start vun der neier Saison am Icekarting profitéiert fir een neien an aktuelle Publicitéitsvideo ze dréinen.

Ofgeschloss gouf den Owend am "De Puck by Ballanti", wou een déi nei Erfahrung bei enger gudder Stäerkung mat engem Pättchen ausgetosch huet.

15./16. November

D'Eppelduerferstrooss kritt den definitive Stroossebelag. Bis op ee klengt Stéck sinn domadder d'Infrastrukturaarbechten vun iwwer dräi Joer ofgeschloss. Soubal d'juristesch Onsécherheete vum Dësch si gëtt de leschten Deel an Ugréff geholl.

18. November

Ënnert dem Thema **"Rock de Chrëschtbeemchen"** hunn d'Beeforter Scouten Grupp Frère Roger op hiren Adventsmaart an de Kummelsbau invitéiert. Um Programm stoungen selwer gebastelt Chrëschtsaachen, eng Mini-Playback-Show a fir Iessen a Gedrénks war an der Kaffisstuff gesuergt. Donieft konnt een an der Tombola säi Gléck versichen.

26. November

De Schäffen- a Gemengerot an Zesummenaarbecht mat der Kommissioun vum Drëtten Alter vun der Gemeng Beefort an de Beeforter Senioren huet op eng **"Journée 55 +"** an de Kummelsbau invitéiert. Ageluede ware sämtlech Awunner iwwer 55 Joer mat hirem Partner.

Bei Kaffi, Taart an engem gudde Pättche konnt jiddereen an enger flotter Gesellschaft e puer flott a gemittlech Stonne verbréngen. Fir Animatioun huet den Ee-Mann-Orchester Nico Haupert gesuergt an zum Schluss gouf et nach eng Eil aus Keramik als Cadeau.

27. November

Am Kulturhaff Millermoler zu Hénkel gouf den Naturpark-Kalenner 2018 vun den dräi Naturparken an den neie Concours "Äre Projet (m)am Naturpark!" virgestallt. D'Titelbild ass dës Kéier vum Alice Enders a weist d'Adameshaus zu Ëlwen a weider geet et mam Januar (D'Kapell vun Heeschbreg am Wanter vum Marc Mersch), Februar (Den Tuerm vun Esch/Sauer vum Guy Krier-Feilen), Mäerz (Schlass Meesebuerg vum Paul Mazouin), Abrëll (D'Bildgen zu Veianen vum Pol Bourkel), Mee (Um Përmesknupp zu Kauneref vum Claude Windeshausen), Juni (D'Wëlzer Schlass vum Guy Krier-Feilen), Juli (D'Abtei vun Iechternach vum Elisabeth Medinger), August (Consthum vum Pol Bourkel), September (An Thommes 1816 zu Heischent vum Pierre Goetz), Oktober (De Schlasshaff zu Clierf vum Claude Windeshausen), November (De Kierfech zu Esch/Sauer vum Guy Krier-Feilen) an Dezember (D'Veianer Schlass vum Pol Bourkel).

Den offizielle Communiqué:

Vorstellung des Naturpark-Kalenders 2018 und des Ideenwettbewerbes „Äre Projet (m)am Naturpark!"
Am 27. November stellte die Ministerin für Umwelt, Carole Dieschbourg, im Kulturhaff Millermoler in Hinkel den Naturpark-Kalender 2018 und das neue Gemeinschaftsprojekt der drei Naturparke vor, den Ideenwettbewerb „Äre Projet (m)am Naturpark!".

Bereits zum neunten Mal veranstalteten die luxemburgischen Naturparke einen Fotowettbewerb, aus dem die besten Fotos für den Naturpark-Kalender ausgewählt wurden. Das Thema des Naturpark-Kalenders 2018 und somit des diesjährigen Wettbewerbs lautete „Restaurierte Bausubstanz in den Naturparks". Jeder konnte mitmachen und Fotos aus den drei Naturparkregionen zu diesem Thema einreichen. Die Jury, bestehend aus Vertretern der drei Naturparke sowie professionellen Fotografen, wählte die 13 besten Fotos für die neunte Edition des Naturpark-Kalenders aus – eines für jeden Monat und eines für das Titelbild. Die Einwohner der Naturparke können sich ab Dezember ihr Gratisexemplar des Naturpark-Kalenders in ihrer Gemeinde oder im jeweiligen Naturparkzentrum abholen (nur so lange der Vorrat reicht).

Anschließend wurde das neue Projekt „Äre Projet (m) am Naturpark!" vorgestellt, das den Naturpark-Kalender ablösen wird. Es handelt sich um einen Ideenwettbewerb, bei dem jede Person, die in einem Naturpark wohnt, in einem Verein im Naturpark ist oder bei einem Unternehmen arebitet, das seinen Sitz in einem der Naturparke hat, eine Projektidee einreichen kann. Diese Idee muss in Zusammenarbeit mit einem der Naturparke umgesetzt werden können und mindestens eine der folgenden Vorgaben erfüllen – indem sie

** zum Erhalt und zur Aufwertung der Natur, der*

Flora oder Fauna und deren Diversität;

** zum Erhalt und zur Aufwertung der Wasser-, Boden- und Luftqualität;*

** zum Erhalt und zur Aufwertung des kulturellen Erbes beiträgt und*

** die wirtschaftliche und sozio-kulturelle Entwicklung der Einwohner bezüglich Lebensqualität und Jobchancen sowie*

** Tourismus und Freizeitaktivitäten im Sinne der oben genannten Ziele fördern.*

Für die besten Vorschläge können die Teilnehmer eine finanzielle Unterstützung zwischen 1.500 Euro und 6.000 Euro erhalten!

Die Projektideen sollen möglichst originell sein und im Sinne einer nachhaltigen Entwicklung umgesetzt werden können. Start des neuen Wettbewerbs ist der 1. Dezember 2017, Einsendeschluss, der 15. Mai 2018. Die genauen Teilnahmebedingungen sind auf der Internetseite Ihres Naturparks oder vor Ort im Naturpark verfügbar.

Diese Projekte werden vom Ministerium für Nachhaltigkeit und Infrastrukturen finanziell unterstützt.

DEZEMBER 2017

1. Dezember

Iwwermuer Sonndeg ass den **éischten Advent** an zanter haut Freideg steet ee grousse Chrëschtbam virun der Kierch. Et war géint 8.30 Auer de Moien ewéi d'Ekipp vun der Administration de la nature et Forêts zesumme mat der Hëllef vun der Firma Scholtes-Vossen mat den Aarbechten beim Lucie Thielen an der Reisduerferstrooss ugefaangen hunn.

Tëschen 1.000 an 1.200 Kilo weit sou ee Bam, dee fir d'éischt befestegt an duerno ënnen um Stamm ëmgeseet gouf. Mat engem Camion ass et weider gaangen a kuerz virun der Kierch sinn Problemer opgetaucht. D'Stroosse Grand-rue a rue de l'Eglise waren op den zwou Säiten zougeparkt an de Camion konnt hei nit duerchfueren. Et huet ee bësse gedauert bis verschidde Autoe geréckelt goufen an de Convoi konnt säin Ziel mat Verspéidung erreechen.

Op der Plaz gouf de Bamstamm sou beaarbecht, datt hien an dat Lach am Buedem passt. Eppes virun 10 Auer stoung de Chrëschtbeemchen an den nächste Méindeg kënnt nach d'Beliichtung drun.

Fir d'nächst Joer gëtt rëm ee Chrëschtbeemche gesicht an heimat gëtt een "Avis aux Amateurs" lancéiert. Wien also ee schéinen Dännebam "zevill" huet, dee ka sech op der Gemeng mellen.

2. Dezember

Träipenowend vum Judoclub am Kummelsbau.

4. Dezember

De Kleeschen huet dëser Deeg ee ganz stramme Programm an esou war hie schonns haut mat senge Gesellen d'Schoulkanner besichen. Den Tour huet moies am Précoce ugefaangen a mëttes kuerz op 14 Auer war dann d'Galavirstellung an der Schoul. Hei hunn déi eenzel Schoulklassen dem Kleeschen hir Dänz a Begleedung vu bekannten internationalen Musekstitelen a mat lëtzebuerger Texter virgedroen.

De Kleeschen war ganz begeeschtert vun de Virféierunge vun de Kanner an no senger Usprooch huet hien de Kanner ee Cadeau iwwerreecht. Um 16.30 Auer stoung déi lescht Etapp vum Dag um Programm. Dës Kéier waren och d'Elteren a Vertrieder vum Gemengerot dobäi a si ware genau sou wéi de Kleeschen vun den Optrëtter vun de Kanner begeeschtert.

Zum Schluss kruten och déi aner Kanner ee klenge Cadeau vum Kleeschen an dobausse virun der Dir huet d'Elterevereenegung fir eng Stäerkung gesuergt.

5. Dezember

Am Virmëtteg huet de Botschafter vun der Russescher Federatioun, de Victor Alexandrovich Sorokin, eng Visite vum Beeforter Renaissance-Schlass gemeet. Begleet hunn den Ambassadeur d'Evgenia Sorokina (Fra vum Victor Alexandrovich Sorokin) an de Vladimir Sokolov (Direkter vum Centre culturel et scientifique de Russie au Luxembourg). De Georges Rischette, Sekretär vun den Amis des Châteaux de Beaufort, a seng Fra Natascha Ipatova, hunn d'Gäscht duerch d'Renaissance-Schlass guidéiert an déi russesch Delegatioun war zimlech beandrockt vum Wierk, dat 1649 erbaut gouf.

Op der Foto gesäit ee vu lénks no riets: Georges Rischette, Evgenia Sorokina, Victor Alexandrovich Sorokin, Natascha Ipatova, Vladimir Sokolov.

De Kleeschen huet och e dem Judoclub vu Beefort an Iechternach eppes matbruecht.

14. Dezember

Schreckmoment tëschen dem Grondhaff an Déiljen. Hei ass an de spéiden Owesstonnen een Deel vum Hang gerutscht an dat ganzt Ausmooss konnt een den Dag drop gesinn. Op de Biller vun der Iwwerwaachungskamera ass op eng Kéier nëmmen ee Waasserstral ze gesinn an duerno guer näischt méi well alles gerutscht ass. Um Wee uewen ass virun iwwer 100 Joer de "Beeforter Josy" gefuer. Ausser Materialschued ass kengem eppes geschitt.

15. Dezember

Am Kader vun der **Chrëschtfeier vun der Gemeng**, déi dëst Joer an der "Brasserie Beim Adelheid" stattfonnt huet, koumen zwee Leit zu Éieren: Sandra Vazzoler an de Jean-Marie Hansen. D'Sandra Vazzoler huet während néng Joer d'Kanner mam Bus sécher an d'Schoul gefouert an de Jean-Marie Hansen gouf offiziell an d'Pensioun verabschit. No engem flotten a lëschtege Réckbléck mat enger Rëtsch Anekdoten ass de beruffleche Werdegank vun den zwou Persounen op der Gemeng nach eng Kéier Revue passéiert ginn.

16. Dezember

Fir déi 24. Kéier huet de "Cercle des Anciens de la Garde Grand-Ducale" (CAGGD) den Trip-Souvenir "Night Vigil" um Emplacement vun der Cie C/60 AIB Scheidbierg zu Beefort organiséiert. Erënnert gouf un d'Rundstedoffensive virun 73 Joer, de 16. Dezember 1944.

De Rendezvous war moies um 9 Auer bei der Kierch zu Beefort. No enger kuerzer Usprooch vum Buergermeeschter Camille Hoffmann goufe Blummen bei der Tafel vun der G.I. un der Kierchemauer vun enger Delegatioun vum CAGGD néiergeluecht an den Edmond Faber huet "The Last Post – The Star Spangled Banner" an d'Heemecht gespillt. Déi nächst Blumme goufen um Monument aux Morts néiergeluecht an dës Kéier huet den Edmond Faber d'Sonnerie aux Morts a "Stille Nacht" gespillt. Uschléissend ass eng Mass vum Aumônier Lieutenant Colonel Nicolas Werner zelebréiert ginn a gesanglech encadréiert gouf se duerch d'Chorale Sainte Cécile Beefort a Chorale „Sang mat" Waldbëlleg-Haler an der Chorale Ste-Cécile vu Lalleng.

No der Mass huet d'Gemeng den Éierewäin offréiert an hei hunn de President vun der CAGGD, de Marcel Kayser, an de Paul W. Hendricks, Regional Security Officer vun der amerikanescher Ambassade hei zu Lëtzebuerg, un de schwéier Zäit erënnert an de Befreier Merci gesot, datt mer haut a Fridden hei zu Lëtzebuerg liewe kënnen.

Weider Blumme goufen nach bei der Kräizer vun de GI bei der fréierer Jugendherberge a bei der Stèle vum T/Sgt Bob Hebert um Schéidbierg geluecht. Ofgeschloss gouf mat engem Mëttegiessen an der Maison Theis.
Fotogalerie

20. Dezember

Fir hir gutt **Zensuren am leschte Schouljoer** resp. datt se den Examen gepackt hunn, krute gëschter Owend 63 Jugendlecher a jonk Erwuessener eng Prime iwwerreecht, déi sech am Ganzen op 6.425 Euro beleeft. Vun den 72 agereechten Demande goufen der 63 zréckbehalen. D'lescht Joer goufen 58 Primen an Héicht vun 5.875 Euro ausbezuelt.

Belount goufe folgend Leeschtungen: aacht Universitéitsdiplomer, 21 Primes d'encouragement (Joresmoyenne tësche 40 a 44 Punkten), 15 Primes de mérite (Joresmoyenne iwwer 45 Punkten), eelef Primes uniques (Première/Treizième mat enger Moyenne ënner 40 Punkten), siwe Primes unique a Primes d'encouragement (Première/Treizième mat enger Joresmoyenne tësche 40 a 44 Punkten an eng Prime unique mat enger Prime de mérite (Première/Treizième mat enger Joresmoyenne iwwer 45 Punkten).

23. Dezember

De Serge Tonnar a Legotrip sinn nach net al genuch fir an d'Pensioun, awer grad al genuch fir e "congé sans solde" vu Januar bis September 2018. Zesumme mam Label a Kënschtlerkollektiv Maskénada hu si op e grousst Ofschlossfest an de Flying Dutchman op Beefort agelueden. Ënnerstëtzung krute si vun de jonke Museker vu Räpzodi, déi mat hirem Akustik-Rap op Lëtzebuergesch e ganz eemolegen Zodi maachen.

BUMMEL BUS

TRANSPORT à la DEMANDE

POUR TOUS VOS DÉPLACEMENTS ...

BUMMEL BUS

Contactez-nous au 26 80 35 80 ou via courriel bummelbus@fpe.lu

forum pour l'emploi a.s.b.l.

Tarifs, horaires et conditions sur www.bummelbus.lu

Find us on: facebook

AGENDA

Jan.	Dag	Auer		Wou	Organisateur
03.	Më.	14.00	**Porte ouverte**	Kummelsbau	Senioren
06.	Sa.	20.00	**IHCB - Phantoms Antwerp**	Äispist	IHCB
13.	Sa.	20.00	**Ice-Skating-Show Metz**	Äispist	SITB
17.	Më.	14.00	**Porte ouverte**	Kummelsbau	Senioren
20.	Sa.	20.00	**IHCB - Tigers Turnhout**	Äispist	IHCB
21.	So.	11.00	**Antoniuskiermes**	Kummelsbau	Chorale Ste Cécile mat der Chorale Sang mat Waldbëlleg-Haler
27.	Sa.	20.00	**Generalversammlung**	Jugendherberge	Pomjeeën
Feb.					
02.	Fr.	16.00	**Liichtmessdag**	Kummelsbau	Elterevereenegung
03.	Sa.	20.00	**IHCB - Hasselt Limburg One**	Äispist	IHCB
04.	So.	14.00	**Kannerfuesbal**	Kummelsbau	Elterevereenegung
14.	Më.	11.30	**Hierkefest**	Kummelsbau	Senioren
17.	Sa.	20.00	**IHCB - Jets Gullegem**	Äispist	IHCB
18.	So.	19.00	**Buergbrennen**	Route de Reisdorf	Pompjeeën, Elterever-eenegung
28.	Më.	14.00	**Porte ouverte**	Kummelsbau	Senioren
Mäerz					
03.	Sa.	17.00	**Après-Ski-Party**	Kiosk	Pompjeeën
03.	Sa.	20.00	**IHCB - HYC Comback Herentals**	Äispist	IHCB
04.	So.	10.00	**Ofschloss Coursen a Medailleniwwerreechung**	Äispist	SITB
07.	Më.		**Dagestour mam Bus**		Senioren
07.	Më.	19.30	**Generalversammlung**	Kummelsbau	SITB
11.	So.	15.00	**Thé dansant**	Kummelsbau	Judo-Club

AGENDA

Mäerz	Dag	Auer		Wou	Organisateur
11.	So.		**Äishockeyturnéier fir Kanner**	Äispist	IHCB
17.	Sa.	20.00	**Theaterowend**	Kummelsbau	Theaterfrënn
18.	So.	20.00	**Theaterowend**	Kummelsbau	Theaterfrënn
23.	Fr.	17.00	**Ouschtereeërverkaf**		Scouten
23.	Fr.	20.00	**Theaterowend**	Kummelsbau	Theaterfrënn
24.	Sa.	09.00	**Grouss Botz**	Äispist (Beefort) Kierch (Déiljen)	SITB
24.	Sa.	10.00	**Ouschtereeërverkaf**		Scouten
24.	Sa.	20.00	**Theaterowend**	Kummelsbau	Theaterfrënn
25.	So.	18.00	**Theaterowend**	Kummelsbau	Theaterfrënn
28.	Më.	14.00	**Ouschterfeier**	Kummelsbau	Senioren
31.	Sa.	09.00	**Wanderung duerch den Naturbësch Saueruecht**		Naturpark Mëllerdall
31.	Sa.	20.00	**Magicastle Nights**	Beaufort Castles	Les Amis des Châteaux
Abrëll					
01.	So.	20.00	**Magicastle Nights**	Beaufort Castles	Les Amis des Châteaux
08.	So.	11.30	**Spaghettisfest**	Kummelsbau	Senioren
15.	So.		**Kommunioun**		
21.	Sa.	13.30	**Fotoworkshop**		Naturpark Mëllerdall
25.	Më.	15.00	**Generalversammlung**	Kummelsbau	Senioren
27.-29.	Fr.-So.		**Dressurturnéier**	Centre Equestre	Club Hippique Beaufort
29.	So.	10.00	**Iesel, Gees a Giersch**		Naturpark Mëllerdall
30.	Mé.	17.00	**Hexenuecht**	Schoul	Buergfénkelcher
30.	Mé.	18.00	**Meebal**	Kummelsbau	Club des Jeunes

ADMINISTRATION COMMUNALE DE BEAUFORT

9, rue de l'Eglise
L-6315 Beaufort
Tel. 83 60 45 – 1

méindes, dënschdes a freides : 8.30 – 12.00 / 14.00 – 16.30
mëttwochs: 8.30 – 12.00 / 14.00 – 20.00
donneschdes: 8.30 – 12.00

Sekretariat
Georges Rischette : 83 60 45 – 22
Tessy Pena : 83 60 45 – 26

Service technique
Jean-Paul Genson : 83 60 45 – 25 / 621 266 581
Claire Picard: 83 60 45 – 27

Etat civil & indigénat
Mike Hertges : 83 60 45 – 23

Recette
Sonja Fetler: 83 60 45 – 24 (dënschdesmëttes zou)

Populatiounsbüro
Sandra Breser-Michels : 83 60 45 – 20 (méindes, dënschdes a mëttwochmoies)
Eliane Donven-Seiwert : 83 60 45 – 20 (mëttwochs, donneschdes a freides)

OFFRES D'EMPLOIS SAISONNIERS

Le Syndicat d'Initiative et du Tourisme de Beaufort recherche des collaborateurs sur base horaire pour les travaux suivants:

- Aide à la caisse (patinoire en hiver et piscine en été)
- Maître-nageur (été)
- Entretien de la glace à la patinoire (28.10.17 – 04.03.18)

Si vous êtes intéressé(e), nous vous prions de bien vouloir nous envoyer un CV ainsi qu'une lettre de motivation à sitb@pt.lu.

SAISONAL BEFRISTETE STELLENANGEBOTE

Das Syndicat d'Initiative et du Tourisme aus Beaufort sucht Mitarbeiter auf Stundenbasis für folgende Tätigkeiten:

- Aushilfe an der Kasse (Eisbahn im Winter und Schwimmbad im Sommer)
- Bademeister (Sommer)
- Aufbereitung des Eises auf der Eisbahn (28.10.17 – 04.03.18)

Falls Sie Interesse haben, dann senden Sie uns bitte Ihren Lebenslauf sowie einen Begleitbrief an sitb@pt.lu.

Administration communale

BEAUFORT

2018

Divers / Verschiedenes

Appareils électriques et appareils de réfrigération sont enlevés par les ouvriers communaux sur demande (Tél. 83 60 45-20).

Elektroschrott und Gefriergeräte werden auf Bestellung von den Gemeindearbeitern abgeholt (Tél. 83 60 45-20).

Vieux verres et vieux vêtements dans les conteneurs installés près de l'Atelier communal (route de Dillingen, Beaufort).

Altglas und Altkleider über die aufgestellten Container (Technischer Dienst, route de Dillingen, Beaufort).

Déchets verts : Monsieur Friederes, rte de Beaufort, Eppeldorf (Tél.: 691 83 61 85) mi-mars – mi-novembre de 9.00–18.00 hrs (lundi–samedi inclus)

Grünschnitt : Herr Friederes, rte de Beaufort, Eppeldorf (Tel.: 691 83 61 85)

Mitte März – Mitte November von 9.00–18.00 Uhr (montags – samstags)

Bicherbus: Nouvelle école primaire Beaufort 10.00–10.40 heures

Bicherbus: Neue Primärschule Befort 10.00–10.40 Uhr

Collecte de porte à porte / Hauskollekte

- ■ Déchets ménagers (chaque jeudi) / Haushaltsabfälle (jeden Donnerstag)
- ▲ Déchets encombrants (sans ferraille) facturation au poids 0,35 €/kg / Sperrmüll (ohne Alteisen) Abrechnung nach Gewicht 0,35 €/kg. (Collecte sur demande / auf Anfrage: Tél. 83 60 45-20)
- ◆ Vieux papiers / Altpapier
- Vieux métaux / Alteisen
- Vieux vêtements / Altkleider
- 5 Déchets toxiques / Sondermüll (parking patinoire) 9.00–17.00 hrs/Uhr
- 5 Déchets toxiques (collecte de porte à porte) 8.30–12.00 hrs/Uhr
- ● Emballages PMC / Plastiksammlung
- b Bicherbus / Bicherbus
- Vacances scolaires / Schulferien
- Nuit blanche / Fräi Nuecht

Januar			Februar			Mäerz			Abrëll			Mee			Juni		
1	Më	Neijooschdag	1	Do	■ b	1	Do	■ b	1	So	Ouschteren	1	Dë		1	Fr	
2	Dë	●	2	Fr	Lëchtmëssdag	2	Fr		2	Më	Ouschtermëndeg	2	Më		2	Sa	
3	Më		3	Sa		3	Sa		3	Dë		3	Do	■	3	So	
4	Do	■	4	So		4	So		4	Më		4	Fr		4	Më	
5	Fr		5	Më		5	Më		5	Do	■	5	Sa	Blummemaart	5	Dë	●
6	Sa		6	Dë		6	Dë		6	Fr		6	So		6	Më	
7	So		7	Më		7	Më		7	Sa		7	Më		7	Do	■
8	Më		8	Do	■	8	Do	■	8	So		8	Dë	●	8	Fr	
9	Dë		9	Fr		9	Fr		9	Më		9	Më	■	9	Sa	
10	Më		10	Sa		10	Sa		10	Dë	●	10	Do	Christi Himmelfahrt	10	So	Mammendag
11	Do	■ b	11	So	Fuessonndeg	11	So		11	Më		11	Fr		11	Më	
12	Fr		12	Më		12	Më		12	Do	■	12	Sa		12	Dë	
13	Sa		13	Dë	●	13	Dë	●	13	Fr		13	So		13	Më	
14	So		14	Më	Aschermëttwoch	14	Më		14	Sa		14	Më		14	Do	■ b
15	Më		15	Do	■	15	Do	■	15	So		15	Dë		15	Fr	◆
16	Dë	●	16	Fr	◆	16	Fr	◆	16	Më		16	Më		16	Sa	
17	Më		17	Sa		17	Sa		17	Dë		17	Do	■ 5 5 b	17	So	
18	Do	■	18	So		18	So		18	Më		18	Fr	◆	18	Më	
19	Fr	◆	19	Më		19	Më		19	Do	■	19	Sa		19	Dë	●
20	Sa		20	Dë		20	Dë		20	Fr	◆	20	So	Pëschten	20	Më	
21	So		21	Më	5 5	21	Më		21	Sa		21	Më	Pëschtmëndeg	21	Do	■
22	Më		22	Do	■	22	Do	■ b	22	So		22	Dë	●	22	Fr	
23	Dë		23	Fr		23	Fr		23	Më		23	Më		23	Sa	Nationalfeierdag
24	Më		24	Sa		24	Sa	Grouss Botz	24	Dë	●	24	Do	■	24	So	
25	Do	■	25	So		25	So	Summerzäit (+ 1 St.)	25	Më		25	Fr		25	Më	
26	Fr	▲	26	Më		26	Më		26	Do	■ b	26	Sa		26	Dë	
27	Sa		27	Dë	●	27	Dë	●	27	Fr	▲	27	So		27	Më	
28	So		28	Më		28	Më		28	Sa		28	Më		28	Do	■
29	Më					29	Do	■	29	So		29	Dë		29	Fr	
30	Dë	●				30	Fr		30	Më		30	Më		30	Sa	
31	Më					31	Sa					31	Do	■			

Juli			August			September			Oktober			November			Dezember		
1	So		1	Më		1	Sa		1	Më		1	Do	Allerheiligen	1	Sa	
2	Më		2	Do	■	2	So		2	Dë		2	Fr	Allersëlen	2	So	
3	Dë	●	3	Fr		3	Më		3	Më		3	Sa		3	Më	
4	Më		4	Sa		4	Dë		4	Do	■	4	So		4	Dë	●
5	Do	■	5	So		5	Më		5	Fr		5	Më		5	Më	
6	Fr		6	Më		6	Do	■	6	Sa		6	Dë	●	6	Do	Nikloosdag ■
7	Sa		7	Dë		7	Fr		7	So	Pappendag	7	Më		7	Fr	
8	So		8	Më		8	Sa		8	Më		8	Do	■	8	Sa	
9	Më		9	Do	■	9	So		9	Dë	●	9	Fr		9	So	
10	Dë		10	Fr		10	Më		10	Më		10	Sa		10	Më	
11	Më		11	Sa		11	Dë	●	11	Do	■	11	So		11	Dë	
12	Do	■	12	So		12	Më		12	Fr		12	Më		12	Më	
13	Fr		13	Më		13	Do	■	13	Sa		13	Dë		13	Do	■
14	Sa		14	Dë	●	14	Fr		14	So		14	Më		14	Fr	
15	So		15	Më	Maria Himmelfahrt	15	Sa		15	Më		15	Do	■	15	Sa	
16	Më		16	Do	■	16	So		16	Dë		16	Fr	◆	16	So	
17	Dë	●	17	Fr	◆	17	Më		17	Më		17	Sa		17	Më	
18	Më		18	Sa		18	Dë		18	Do	■	18	So		18	Dë	●
19	Do	■	19	So		19	Më		19	Fr	◆	19	Më		19	Më	
20	Fr	◆	20	Më		20	Do	■	20	Sa	Dillingen	20	Dë	●	20	Do	■
21	Sa		21	Dë		21	Fr	◆	21	So	Dillinger Kiermes	21	Më		21	Fr	◆
22	So		22	Më	✕ ☒	22	Sa		22	Më		22	Do	■ ✕ ☒	22	Sa	
23	Më		23	Do	■	23	So		23	Dë	●	23	Fr		23	So	
24	Dë		24	Fr		24	Më		24	Më		24	Sa		24	Më	
25	Më		25	Sa		25	Dë	●	25	Do	■	25	So		25	Dë	Chrëschtdag
26	Do	■	26	So		26	Më		26	Fr	▲	26	Më		26	Më	Stiefesdag
27	Fr	▲	27	Më		27	Do	■	27	Sa		27	Dë		27	Do	■
28	Sa		28	Dë	●	28	Fr		28	So	Wanterzäit (-1 St.)	28	Më		28	Fr	
29	So		29	Më		29	Sa	Beefort	29	Më		29	Do	■	29	Sa	
30	Më		30	Do	■	30	So	Beefortër Kiermes	30	Dë		30	Fr		30	So	
31	Dë	●	31	Fr					31	Më	■				31	Më	Silvester ●

Recyclingzenter SIDEC - Fridhaff (Diekirch) Tel.: 80 89 83 38 Dë - Fr 09.00 - 11.45 / 13.00 - 17.00 Sa 09.00 - 16.00